PÉITENG AKTUELL

Informatiounsblat vun der Gemeng Péiteng

N° 128 – Januar 2018

Pétange

MOTIVATION COMMUNE



An dëser Nummer:

Gemengerotssëtzung vum 20. November 2017

Dans ce numéro:

1 Compte rendu de la séance du conseil communal du 20 novembre 2017
30 Gemeinderatssitzung vom 20. November 2017 (Kurzform)
36 Carnet de l'état civil



1re ligne (de gauche à droite): Brecht Guy, Mertzig Romain, Halsdorf Jean-Marie, Mellina Pierre, Conter-Klein Raymonde, Breyer Roland

2e ligne (de gauche à droite): Flor Starsky, Goergen Marc, Birtz Gaby, Stoffel Marco, Becker Romain, Scheuer Romain, Conzemius-Holcher Josette, Arendt Patrick, Polfer John, Gira Carlo, Bouché-Berens Marie-Louise

L'audio des séances publiques du conseil communal est également disponible sur www.petange.lu



Péiteng Aktuell

Paraît au moins 4 fois par an

Imprimé sur du papier 100% recyclé

Distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange

Tirage: 7.200 exemplaires

Imprimeur:
Imprimerie Heintz, Pétange

Éditeur responsable:
Administration communale de Pétange | b.p. 23 | L-4701 Pétange

50 12 51 - 1000

commune@petange.lu

www.petange.lu

Administration communale de Pétange

Rédaction et mise en pages:
Service des relations publiques de la commune de Pétange

Conseil communal

Séance publique du 20 novembre 2017

***Durée de la séance**: 14.30 à 19.00 heures*

Présents:

Mellina Pierre, bourgmestre (CSV)		**Halsdorf Jean-Marie**, 1er échevin (CSV) **Conter-Klein Raymonde**, 2e échevin (CSV) **Mertzig Romain**, 3e échevin (LSAP)
Arendt Patrick (CSV) **Breyer Roland** (CSV) **Conzemius-Holcher Josette** (CSV) **Gira Carlo** (CSV) **Polfer John** (CSV)	**Birtz Gaby** (LSAP) **Brecht Guy** (LSAP) **Stoffel Marco** (LSAP)	**Becker Romain** (déi gréng) **Scheuer Romain** (déi gréng) **Flor Starsky** (Piratepartei) **Goergen Marc** (Piratepartei) **Bouché-Berens Marie-Louise** (DP)

Absent et excusé:

Néant

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos (14.30 heures)

1. Personnel: Nomination de deux fonctionnaires (m/f) du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif (ancienne carrière du rédacteur) - décisions.
2. Enseignement musical: Classement d'un chargé de cours - décision.

Séance publique (14.45 heures)

3. Premiers discours des nouveaux élus.
4. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
5. Administration générale
   - 5.1. Déclaration du collège des bourgmestre et échevins.
   - 5.2. Formation du tableau de préséance du conseil communal - décision.
   - 5.3. Règlement d'ordre intérieur du conseil communal - décision.
   - 5.4. Nomination des délégués aux syndicats des communes - décisions.
   - 5.5. Désignation d'un délégué au Centre Hospitalier Emile Mayrisch (CHEM) - décision.
   - 5.6. Titres de recettes - décision.
   - 5.7. Participation financière de l'Etat dans le cadre du «Pacte Logement» et vote d'un crédit spécial - décision.
   - 5.8. Décompte concernant l'affichage dynamique des avis et informations officiels dans les trois localités de la commune - décision.
   - 5.9. Décompte concernant la digitalisation du système de conférence de la salle des séances de l'Hôtel de Ville - décision.
6. Enseignement: Organisation des classes de neige pour l'année 2018 - décision.
7. Enseignement musical: Organisation scolaire pour l'année 2017/2018 de l'École de Musique - décision.
8. Propriétés
   - 8.1. Contrat de bail avec Madame Brigite Pontes Ferreira concernant un logement communal sis à Rodange, rue de la Gendarmerie n° 65 - décision.

8.2. Convention avec la Société du Parking Guillaume S.A. (Groupe Parkolux) concernant l'exploitation d'un parking souterrain ouvert au public à Rodange, avenue Docteur Gaasch et vote d'un crédit spécial - décision.

8.3. Décompte concernant les travaux de démolition d'une maison communale avec garage et annexe sis à Lamadelaine, avenue de la Gare n° 41 - décision.

8.4. Décompte concernant les travaux de démolition de l'ancienne maison Goldschmit à Pétange, rue de l'Eglise n° 1 - décision.

8.5. Décompte concernant le levé topographique des bâtiments communaux - décision.

8.6. Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Eucosider» de la part de la société ArcelorMittal Centre Logistique Européen S.A. - décision.

8.7. Compromis concernant l'acquisition de plusieurs terrains sis à Rodange, lieu-dit « Route de Longwy » de la part de Madame Albertine Bodry (veuve Huberty) - décision.

8.8. Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « Rue du Vieux Moulin » de la part de Messieurs Eric Breny et Manuel Platen - décision.

8.9. Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Rue du Vieux Moulin» de la part de Monsieur André Martins Dias et Madame Stéphanie Baldinucci - décision.

8.10. Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue des Jardins» de la part de Madame Christiane Hamen - décision.

8.11. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «An den Jenken» à Monsieur Roger De Angelis - décision.

8.12. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «An den Jenken» à Monsieur Jean-Claude Zanin - décision.

8.13. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «rue de la Piscine» à Monsieur José De Carvalho Leite et Madame Maria Silva - décision.

8.14. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Sefadin Osmanovic et Madame Inera Kalac - décision.

8.15. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Muhamed Sabotic - décision.

8.16. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Edis Skrijelj et Madame Gjevahire Ukay - décision.

8.17. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Francisco Da Silva Carvalho Leite et Madame Audrey Frendo - décision.

8.18. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Alen Skenderovic et Madame Mirela Avdic - décision.

8.19. Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « Am Aker » à Monsieur Senid Destani et Madame Samila Rizvani - décision.

8.20. Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Avenue Docteur Gaasch» de la part de la société anonyme Constropi S. A. - décision.

8.21. Acte concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Guy Schrank et Madame Nadine Berens - décision.

8.22. Acte concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Alain Schrank et Madame Jennifer Torzoni - décision.

8.23. Acte concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Dzevad Rastoder et Madame Edita Kocan - décision.

8.24. Acte concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, au lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Hilmo Ceman et Madame Enisa Kocan - décision.

8.25. Acte concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, au lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Norberto Dinis Da Silva et Madame Angela Peixoto Povoa Dinis - décision.

8.26. Acte concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, au lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Antonio Antunes Dias et Madame Célia Pereira Machado Antunes - décision.

9. Affaires sociales

9.1. Aide aux victimes des inondations en Sierra Leone - décision.

9.2. Convention avec «BDK.LU» pour l'organisation des activités de loisirs pour l'année 2018 - décision.

9.3. Décompte concernant l'extension d'une salle de détente dans la Maison Relais de Pétange - décision.

10. Culture: Convention avec l'Etat luxembourgeois concernant l'aménagement d'un espace muséologique dans la Maison Rouge sise à Pétange, rue de l'Eglise n° 70 - décision.

11. Ordre public: Demande de l'association «KAGEPE asbl» pour une action de vente de porte à porte dans la Commune - décision.

12. Voirie vicinale

12.1. Décompte concernant les mesures d'apaisement du trafic et l'exécution des zones 30 km/h et des zones résidentielles - décision.

12.2. Décompte concernant la fourniture et la pose d'éléments d'illumination pour les passages pour piétons - décision.
12.3. Décompte concernant l'étude pour la sécurisation de la circulation autour des sites scolaires de la commune - décision.
12.4. Décompte concernant la réalisation de l'interconnexion par fibre optique des sites communaux (3e phase) - décision.
12.5. Décompte concernant la mise en peinture des accès au passage souterrain de la gare de Pétange - décision.
12.6. Décompte concernant la mise en souterrain des réseaux dans une partie de la rue du Clopp à Rodange (phase 3) - décision.
12.7. Décompte concernant le reprofilage et le renouvellement de la couche de roulement de diverses rues - décision.
12.8. Crédit spécial concernant le renouvellement des infrastructures dans la rue Adolphe à Pétange - décision.

13. Environnement
13.1. Programme d'action annuel pour l'exercice 2018 du syndicat Sicona - décision.
13.2. Convention de partenariat avec le «Verkéiersverbond» concernant l'octroi du mPass (Mobilitéitspass) aux agents du secteur communal - décision.
13.3. Décompte concernant la télégestion des pompes et relevages des eaux usées et superficielles - décision.

14. Sylviculture: Approbation des devis et plans de gestion concernant les forêts communales pour l'exercice 2018 - décision.

15. Urbanisation
15.1. Décompte concernant le plan de développement urbain - décision.
15.2. Décompte provisoire concernant la révision du Plan d'Aménagement Général et vote d'un crédit supplémentaire - décision.
15.3. Décompte concernant l'aménagement d'un nouveau chemin d'accès menant au cimetière de Lamadelaine - décision.
15.4. Convention avec Monsieur José Da Silva Ribeiro et Madame Lucilia Machado Botelho concernant la réalisation d'une canalisation des eaux mixtes entre la rue de la Providence et la rue René Putzeys à Lamadelaine - décision.

16. Transports et communications: Confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation permettant les travaux de construction d'une résidence sise à Pétange, rue d'Athus n° 121 - décision.

17. Vie associative
17.1. Attribution d'un subside à «Gestion Home» asbl - décision.
17.2. Statuts de l'association «Ferrari and Friends Luxembourg» asbl et admission sur la liste des associations pouvant prétendre à un subside - décision.

18. Dépenses diverses: Octroi de cadeaux de service - décision.

COMPTE RENDU

1. et 2.

Les points 1 et 2 de l'ordre du jour ont été traités en séance à huis clos.

Le conseil communal a cependant décidé de rendre public la décision suivante:

Nomination de deux fonctionnaires (m/f) du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif (ancienne carrière du rédacteur) - décision.

Mme Marina Paoletti, de Rodange, et Mme Désirée Goetzinger, de Pétange, sont nommées provisoirement fonctionnaires du groupe de traitement B1, sous-groupe administratif.

3.

Premiers discours des nouveaux élus.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech begréissen lech an der éischter ëffentlecher Sëtzung no de Wale vum 8. Oktober. Ech begréisse ganz häerzlech 3 nei Leit an een neien ‚Alen', loosse mer emol esou soen. Déi 3 nei Leit, dat sinn d'Madamm Marie-Louise Berens épouse Bouché, den Här Marc Goergen an den Här Starsky Flor, déi als éischte Kéier hei an dësem Gemengerot sinn. Dann hu mer nach e Retour no iwwer 13 Joer Ofwiesenheet, an zwar den Här Jean-Marie Halsdorf, deen dann och hei am Schäfferot Plaz hëlt. Mir wäerten haut e relativ laangen Ordre du jour hunn an dofir wäert ech mech och net all ze vill laang ophale mat menger Aleedung.

Ech géif ufänken, an dat ass Usus am Péitenger Gemengerot, wou déi nei Leit, déi fir d'aller éischt am Gemengerot sinn, kuerz e Wuert un de Gemengerot riichten. An ech géif – well mer jo ëmmer fei mat eisen Damme sinn – mat där eenzeger Damm, déi nei bäikomm ass, ufänken. An dat ass d'Madamm Marie-Louise Berens épouse Bouché. Madamm Bouché, Dir hutt d'Wuert.

Bouché-Berens Marie-Louise (DP):

Dir Dammen an dir Hären, Bonjour. Mäin Numm ass Berens Marie-Louise, ech sinn d'Witfra vum Här Jean-Claude Bouché. Ech sinn zu Uewerkuer gebuer, dat Jéngst vu 4 Kanner a mä Papp war Biergaarbechter. Vu Beruff sinn ech Coiffeuse. Ech hat 30 Joer de Coiffeurssalon zu Déifferdeng am Fleegeheem an zu Nidderkuer am Altersheem. Ech sinn do nach ëmmer éierenamtlech engagéiert an der Amicale an an der Animatioun. Ech hunn e Meedche vun 42 Joer an dat schafft an der Entwécklungshëllef am Vietnam.

Ech sinn 1997 mam Jean-Claude Bouché bestuet ginn, an du sinn ech hei an d'Gemeng komm a wou ech du schonn a verschidde Veräiner matgeschafft hunn. Leider hu mer awer gläich drop duerch säi Beruff missten op Esch plënneren, wou ech awer och ëmmer politesch engagéiert war. Mat der Politik hunn ech 1990 zu Déifferdeng ugefaangen, wou ech och ëmmer a Kommissioune war.

Firwat d'DP? DP war deemools déi Partei, déi mäi liberaalt Denke fir mech duergestallt huet. Ech sinn e fräi denkende Mënsch, ech veruerteele keen, egal welch Originnen, datt en huet, egal wéi eng reliéis Astellung oder egal wéi eng sexuell Orientéierung en huet. Dat sinn déi Wäerter, déi ech och an d'Politik wäert mat eranhuelen. Ech respektéieren awer och d'Déieren an ech schütze meng Ëmwelt. Déi Wäerter huelen ech hei mat eran. Hei an der Gemeng setzen ech mech a fir eng besser Sécherheet fir d'Leit, fir d'Gemeng méi propper ze halen an ze verschéineren. Ech versiche mäi Bescht ze gi fir meng Partei an ech setze mech dofir och an, fir eng gutt Liewensqualitéit fir all Altersgrupp an all Bierger.

Ech soe menge Wieler e grousse Merci, déi mer hiert Vertraue geschenkt hunn an ech versichen, fir meng Partei DP hei dat Bescht ze maachen an ech wënsche mer – mat iech all – eng fair Zesummenaarbecht. Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir soen der Madamm Bouché e grousse Merci fir hir Introduktioun, déi se elo haut gemaach huet am Intressi vun enger gudder Zesummenaarbecht hei an dësem Krees. Ech sinn iwwerzeegt, datt – wa mer an deem selwechte Geescht virufuere wéi déi lescht Joerzéngten – da wäerte mer wierklech eng ganz gutt Zesummenaarbecht hunn.

Da géif ech d'Wuert viru ginn un den Här Goergen.

Goergen Marc (Piratepartei):

Dir Dammen an dir Häre, ech sinn hei an der Gemeng opgewuess, hunn ni enzwousch anescht gelieft. Zu Péiteng an der Lonkecher Strooss bis zum zaarten Alter vun 8 Joer, duerno op Rolleng geplënnert a wou ech haut nach liewen, an dat ganz gären. All déi Joren nach weider bei menge Grousselteren hunn ech och zu Péiteng gelieft, sou mat fillen ech mech als Bierger vun der ganzer Gemeng a si mat deenen 3 Uertschaften intensiv verbonnen. An de Veräiner aus eiser Gemeng engagéieren ech mech zanter ech dat vum Alter hir däerf. Et sinn esou munch Etappen, déi ech duerchlieft hunn, ëmmer als Veräinsmënsch, esou wéi ech dat schonns vun doheem aus gewinnt war, a mat Engagement fir eis Gemeng. Ëmsou méi freeën ech mech op dësen nächste Schratt, fir net nëmme passiv kënne matzebestëmmen, mä aktiv kënne Projeten ze gestallte fir dës groussaarteg Gemeng.

Esou ganz realiséiert hu mir d'Situatioun nach net. Als nei Partei ugetrueden, hu mir eis domatter ofgi gehat, knapp bei e puer Stëmmen ze landen a mat enger grousser Chance, datt et géif duergoe fir ee Vertrieder am Gemengerot.

Dass d'Wieler eis esou massiv géinge stäerken, huet eis iwwerrascht, an dat ganz am Positiven. An elo ass et e grousst Vertrauen, wat eis entgéint bruecht ginn ass. Schonn am Januar hu mir eise Programm veröffentlecht an hunn zesumme mat all eise Sympathisanten un eisen Iddie geschafft. Dofir wäerte mir och an deenen nächste 6 Joer déi Themen aus Iwwerzeegung ervirbréngen an ni de Ball un de Politiker als Persoun spillen, mä ëmmer iwwert d'Dossieren.

Mir si keng Beruffspolitiker, déi engem System vun etabléierte Parteien déngen, mä kucken eis Themen aus der Siicht vum Alldag, Themen, déi eis um Häerz leien.

Mat der Roll an der Oppositioun si mir fir dës Period ganz zefridden. Elo heescht et, sech an de Gesetzer an Dossieren anzeschaffen. Dofir hu mir eis och an de Cours vum Syvicol gemellt, fir esou kënnen deen néidegen Ableck ze kréien.

Mir wäerte keng bequem Oppositioun sinn, mä konsequent Entscheedunge kritesch kucken an do, wou et néideg ass, nohaken.

Eist Zil ass an deenen nächste 6 Joer, fir méiglechst vill sënnvoll Punkten ëmzesetzen. Do ass et eis egal, wéi eng Faarf de Politiker oder den Thema huet, mä d'Iddi zielt. Eis geet et drëm, datt d'Gemeng Péiteng viru kënnt.

An den nächste 6 Joer gëtt et ganz vill an der Transparenz opzehuelen. De Gemengerot, awer virun allem de Schäfferot muss agesinn, datt d'Wieler hire Chef sinn an deementspriechend méi Ableck an d'Entscheedunge ginn.

Modern soll eis Gemeng ginn. Et ass en neit digitaalt Zäitalter ugebrach, do dierfe mir net schlofen. D'Gemenge ronderëm sinn eis ëm Jore viraus wat Strukturen, Projeten a Kommunikatioun ubelaangt. Do musse mir elo eis Verspéidung ophuelen.

Fair gehéiert eigentlech zum Gesellschaftsbild fir all Partei. Leider gëtt awer net all Bierger gläich a fair behandelt. Et soll d'Missioun si vum ganze Gemengerot, déi néideg Strukturen an d'Plaz ze setzen, datt jidderee säi Liewe verwierkleche kann, datt kee sech vergiess fillt, datt kee muss leiden, datt jidderee berouegt mat senger Famill säi Liewe genéisse kann.

Et läit vill Aarbecht virun eis. Mir si bereet d'Äerm eropzestréppen a kräfteg mat unzepaken.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech soen dem Här Goergen och Merci an ech sinn iwwerzeegt, datt hien an der richteger Linn ass vun eis alleguerten. Well jiddereen hei ronderëm den Dësch ass nach ëmmer geziilt drop agaange fir eis Gemeng virun ze bréngen. An ech géif dofir dann elo d'Wuert viru ginn un den Här Flor.

Flor Starsky (Piratepartei):

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, dass der mäin Numm richteg virgelies hutt. Leit op anere Plazen haten des öftere Schwieregkeeten domatter.

Ech sinn e bëssen opgereegt, dofir hunn ech alles missten opschreiwen.

Schéine Gudde Mëtteg, dir Dammen an Häre. Ech si wuel d'Iwwerraschung an dësem Gemengerot.

Mir als Piraten mussen zouginn, datt mer net mat 2 Sëtz gerechent haten, esou datt ech meng perséinlech Zukunft och schonn aneschters ageplangt hat, zesumme mat menger Famill, an dofir mäi Mandat nëmmen 1 Joer untriede kann, dofir dat Joer awer ganz intensiv a mat voller Motivatioun schaffe wäert.

D'Bierger aus eiser Gemeng hunn erkannt, datt mer hiert Uleies ugelauschtert hunn an dat mat an de Programm agesat hunn. Mir sinn eng Matmaach-Partei, wou jidderee sech kann engagéieren. De Wieler ass prett, prett fir en neit Zäitalter anzeschloen. Dat gesi mer doranner, datt ech als Lëtzebuerger mat Migratiounshannergrond, dat heescht näischt aneschters wéi datt meng Elteren aus dem Cap Vert sinn, ech zu Lëtzebuerg gebuer sinn a mat Häerz och Lëtzebuerger sinn. Ech sinn houfreg hei dierfen ze sëtzen. Dat beweist mir eigentlech, datt de Wieler vu Péiteng mat Virreider ass bei der Integratioun. Dofir soen ech Merci. An awer ass do nach villes méi wou mer maache kënnen. Mir musse méi sozial Politik mat Perspektiven erabréngen.

Ech si bestuet, hu 4 Kanner an als zweete Pirat am Gemengerot wäert ech mech och fir Familljen- a Sozialthemen asetzen. A mengem Beruff am ëffentlechen Transport begéinen ech ganz vill Leit mat ganz verschiddene Suergen. Am Transport ass et besonnesch de Projet vum Citybus, deen eis Gemeng géing no vir bréngen an och eis 3 Uertschafte géing besser matenee verbannen. Dofir wäert dee meng Prioritéit an deem Dossier sinn.

Mir brauchen zu Péiteng eng Aarmutsberodung. Et gi sozial Moossnamen, mä Leit a schwierege Situatiounen hunn net ëmmer den Iwwerbléck, wou si wéi gehollef kënne kréien.

Nieft dem Transportwiesen, der Ëmwelt natierlech an dem Sozialwiesen, ginn et awer nach aner Themen déi mech interesséieren. Mir hu verschidde Prioritéiten an eisem Walprogramm, Sprooch a Kultur, Senioren a Jugend, Mobilitéit Sécherheet a Famill.

Och ech si kee Beruffspolitiker, mä en einfache Bierger, deen ebe scho méi laang u Politik interesséiert ass an elo, dank dem Wieler, sech am Gemengerot mat engagéieren dierf.

Mir 2 Piraten wäerten eis asetzen, fir méiglechst vill vun eisem moderne Programm kënnen an den nächste Joren ëmzesetzen an natierlech am Sënn vum Bierger an eiser Gemeng. Soen hei nach emol dem Wieler Merci fir d'Vertrauen. A fir déi, di d'Sprooch nach net beherrschen, e Saz op Franséisch:

Je vous remercie, électrices et électeurs de Pétange, de la confiance que vous nous avez accordée lors des élections communales.

Merci iech all fir d'Nolauschteren an ech hoffen, ech hunn iech net ze vill gelangweilt.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da géife mer och dem Här Flor Merci soe fir seng Untrëttsried. Mir hunn elo héieren, wat Dir och wëllt maachen. Ech menge ganz, wa mer an deem dote Geescht zesumme schaffen, da wäerte mer sécherlech Munches an deenen nächste 6 Joer am Intressi vun eise Bierger realiséieren.

4.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

An ären Ënnerlagen hutt der eng Rei Rapporte vu verschiddene Syndikater virleien. Och déi kënnen d'Gemengeréit – esou wéi d'Gesetz dat virgesäit – consultéieren, a sollt iergendwéi eng Fro an deem Kontext sinn, da kënnen se sech un deen zoustännege Vertrieder an deem Syndikat wenden.

5.1.

Administration générale.

Déclaration du collège des bourgmestre et échevins.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da komme mer zu der 'Déclaration du collège des bourgmestre et échevins'. Ech wäert domatter ufänken, an duerno wäerte meng Kollegen aus dem Schäfferot d'Relève huele fir iech déi ganz Schäfferotserklärung virzedroen.

<u>De Wieler huet sech fir d'Fortsetzung vun der politescher Aarbecht aus de leschte Joren entscheet.</u>

De leschten 8. Oktober waren d'Gemengewalen am Lëtzebuerger Land an zu Péiteng huet d'Resultat esou ausgesinn:

- Béi dëse Walen huet d'CSV als eenzeg vun de Parteien, déi an der leschter Mandatsperiod am Gemengerot vertruede waren, dozou gewonnen. D'CSV kënnt op 41.676 Stëmmen a kritt mat 41,26 %, 0,87 % méi Stëmme wéi nach béi de Walen 2011. Op 67 Stëmmen oder 0,16 % verpasst d'CSV d'absolut Majoritéit.
- D'LSAP kënnt op 22.295 Stëmmen a verléiert mat 22,07 %, 7,07 % par Rapport zu de Walen 2011.
- Déi Gréng kommen op 13.511 Stëmmen a verléiere mat 13,38 %, 1,22 % par Rapport zu de Walen 2011.
- D'DP kënnt op 4.858 Stëmmen a verléiert mat 4,81 %, 5,09 % par Rapport zu de Walen 2011, a schlussendlech
- den ADR kënnt op 2.958 Stëmmen a verléiert mat 2,93 %, 3,04 % par Rapport zu de Walen 2011.

Dräi Parteie waren 2017 nei dobäi, an zwar:

- D'Pirate Partei, déi op 9.276 Stëmme kommen oder 9,18 %
- Déi Lénk, déi op 4.016 Stëmme kommen oder 3,98 %
- an Déi Konservativ, déi op 2.426 Stëmme kommen oder 2,4 %.

Wat d'Sëtzverdeelung ubelaangt, esou setzt sech de Péitenger Gemengerot an den nächste 6 Joer folgendermoossen zesummen:

- CSV huet 8 Sëtz
- LSAP 4 Sëtz
- Déi Gréng 2 Sëtz
- Piratepartei 2 Sëtz an
- DP 1 Sëtz.

Déi Lénk, den ADR an Déi Konservativ wäerten net am Péitenger Gemengerot vertruede sinn.

Aus dësem Resultat kann een erausliesen, dass d'Politik aus de leschten 18 Joer vun de Wieler guttgeheescht gouf, an dass de Wieler am Oktober de Wonsch ausgedréckt huet, dass dës Politik och an den nächste 6 Joer weidergefouert soll ginn.

D'CSV, als stäerkste Partei, huet dann och direkt den éischten Dag no de Walen d'Initiativ ergraff a mat hirem Koalitiouns-partner aus de leschte 6 Joer, der LSAP, gekuckt, ënner wat fir Konditiounen déi Zesummenaarbecht weidergefouert kéint ginn.

Op Grond vun de villen Iwwerschneidungen tëscht de Walprogrammer vun den zwou Parteien, koumen déi zwou Parteien zur Konklusioun, dass engem Weiderféiere vun der Koalitioun CSV-LSAP näischt am Wee géif stoen. An zwee Gespréicher gouf deen anere potentielle Partner, Déi Gréng, iwwer d'Entwécklung vun dëse Verhandlungen an d'Bild gesat.

Ervirzesträichen ass och, dass mat dëser Entscheedung déi zwou stäerkste Parteien d'Majoritéit bilden an déi 4 Gewielte mat de meeschte Stëmmen an och mat de meeschten individuelle Stëmmen deen neie Schäfferot bilden.

Mat dëser Koalitioun vertrëtt am Gemengerot d'Majoritéit 63,33 % vun de Wieler (oder 63.971 Stëmmen) an d'Oppositioun 27,37 % (oder 27.645 Stëmmen).

<u>Wéi ass de Schäfferot zesummegesat?</u>

De Gemengerot besteet vun elo un aus 4 Dammen an 13 Hären. 10 Conseillere wunnen zu Péiteng, 4 zu Rodange an 3 zu Rolleng. Ab haut zielt de Péitenger Gemengerot 3 nei Memberen, an zwar d'Madamm Marie-Louise Berens, épouse Bouché, den Här Marc Goergen an den Här Starsky Flor. No iwwer 13 Joer kënnt de Jean-Marie Halsdorf zréck an de Péitenger Gemengerot. 4 Gemengeréit aus de leschte Jore gehéieren dem Gemengerot net méi un, an zwar den Här

Romain Rosenfeld, den Här Albert Muller, den Här Claude Tockert an den Här Joe Thein. Mir soen hinnen ee grousse Merci fir hire laangjäregen Engagement am Intressi vun eise Bierger. Wat den Alter ubelaangt, sou läit haut den Duerchschnëtt vum aktuelle Gemengerot bei 55,3 Joer. Den eelste Gemengeconseiller huet 74 Joer, de jéngsten ass 32 Joer al. Wat d'Alterstranchen ubelaangt, esou si 4 Gemengeréit tëscht 70 a 75 Joer, 4 tëscht 60 an 69 Joer, 4 tëscht 50 an 59 Joer, 2 tëscht 40 an 49 Joer an 3 tëscht 30 an 39 Joer al.

Wéi ass de Schäfferot zesummegesat?

Op Grond vun dem Koalitiounsofkommes stellt d'CSV de Buergermeeschter an déi 2 éischt Schäffen, un d'LSAP fält den 3. Schäffeposten.

De Schäfferot gesäit deemno folgendermoossen aus:

Pierre Mellina (CSV) mat 4.693 Stëmmen: Buergermeeschter

Jean-Marie Halsdorf (CSV) mat 3.355 Stëmmen: 1. Schäffen

Raymonde Conter-Klein (CSV) mat 2.912 Stëmmen: 2. Schäffen

Romain Mertzig (LSAP) mat 3.730 Stëmmen: 3. Schäffen.

D'Ressorte goufen ënnert deene véier Membere vum Schäfferot esou opgedeelt (a franséischer Sprooch):

MELLINA Pierre, bourgmestre :

- Présidence du collège des bourgmestre et échevins et du conseil communal
- Coordination des affaires générales, de l'administration et des services de régie
- Bâtisses et aménagement communal
- Etat civil
- Sécurité (Police et Agents municipaux)
- Service des secours
- Finances et budget
- Patrimoine communal
- Affaires sociales
- Publications communales et informations aux citoyens

HALSDORF Jean-Marie, 1er échevin:

- Infrastructures routières et réseaux
- Cérémonies et fêtes publiques
- Culture (y compris centres culturels)
- Informatique
- Jumelages
- Tourisme
- Affaires régionales
- Ressources humaines
- Affaires économiques et zones économiques

CONTER-KLEIN Raymonde, 2e échevin:

- Enseignement fondamental (y compris bâtiments scolaires)
- Enseignement musical (y compris école de musique)
- Structures d'accueil communales (y compris maisons-relais et crèches)
- Bâtiments administratifs
- Famille, Seniors et Loisirs
- Jeunesse (y compris maisons des jeunes)
- Politique de l'Egalité
- Cultes (y compris églises)

MERTZIG Romain, 3e échevin:

- Environnement, Gestion Eau et ordures
- Circulation routière
- Commerce local
- Sports (y compris infrastructures sportives et centres sportifs)
- Piscines communales
- Logements (sociaux)
- Parcs, Bois et Cimetières
- Santé
- Intégration

Fir an alle Beräicher de Kontakt mat de Concernéierten ze vereinfachen, stinn déi eenzel Membere vum Schäfferot – jiddereen a senge respektive Ressorten – den Awunner vun der Gemeng op Rendez-vous zur Verfügung. Hei gëllt et, eng zentral Telefonsnummer unzewielen, an zwar de 501251-2011 oder 501251-2012.

Wat sinn déi politesch Prioritéite fir déi nächst sechs Joer?

Urbanistik a Bautepolitik

Haut zielt eis Gemeng Péiteng 18.650 Awunner. 9.132 wunnen zu Péiteng, 6.888 zu Rodange an 2.630 zu Rolleng. An der leschter Mandatsperiod, dat heescht zënter dem 1. Januar 2012, ass eis Populatioun ëm 13,5 % vu 16.435 op 18.650 Awunner geklommen.

Den neie Bebauungsplang vun eiser Gemeng, deen eestëmmeg vum Gemengerot a senger Sëtzung vum 25. September 2017 guttgeheescht gouf a viraussiichtlech um Ufank vum nächste Joer vum Inneminister approuvéiert wäert ginn, definéiert méi strikt wéi säi Virgänger déi Quartieren, déi fir d'Wunne mat haaptsächlech Eefamilljenhaiser reservéiert sinn, an déi Deeler vun eisen Uertschaften, wou de Commerce an d'Liewe sech soll ofspillen. An den Zentre vu Péiteng a Rodange schafe mir weider flott ugeluechten a begréngte Plazen a mir wäerten och mat weideren ënnerierdesche Parkingen zur Attraktivitéit vun dësen Uertschaftsdeeler bäidroen. Och bleiwe genuch Plaze ronderëm mä och innerhalb vun eisen Uertschaften, déi fir d'Natur, Parkanlagen a Gréngfläche reservéiert sinn.

Nodeems d'Gemeng Péiteng mam Lotissement ‚Atzéngen' an der oflafender Mandatsperiod weider Wunnméiglechkeeten zu Rolleng geschaaft huet, wäerte mir an den nächste 6 Joer weideren neie familljefrëndlechen a verkéiersberouegte Wunnraum an eiser Gemeng an d'A faassen. Hei denke mir besonnesch un de Projet um fréiere Site vun Eucosider, wou mir zesumme mam Ministère du Logement Bauland erschléisse wäerten, mä och un zwee méi kleng kommunal Projeten, de fréiere Site vun der Commercial Intertech zu Rolleng an d'Extensioun vum Lotissement Neiwiss zu Rodange.

Gemengefinanzen

Dee leschte Budget vun der leschter Mandatsperiod 2012 – 2017 huet mat enger Gemengeschold vun 10,7 Milliounen Euro a Gemengereserve vu 15,7 Milliounen Euro ofgeschloss. An de leschte 15 Joren huet sech d'Finanzsituatioun vun der Gemeng Péiteng wesentlech verbessert, d'Gemengeschold ass vun Enn 2002 bis Enn 2017, bannent 15 Joer, ëm 24,3 Milliounen Euro vu 35 op 10,7 Milliounen Euro zréckgaangen. Op der anerer Säit sinn d'Reserven an deemselwechten Zäitraum vu 25.000 Euro op 15,7 Milliounen Euro geklommen. Dës konsolidéiert Finanzlag erlaabt der Péitenger Gemeng, och nach an den nächste Jore weider gréisser Investissementer am Intressi vu senge Bierger ze realiséieren.

Dës virsiichteg Finanzpolitik wäert och weiderhin eng ausschlaggebend Plaz an dem Decisiounsprozess vum Péitenger Gemengerot anhuelen. Den Zougréff op nei Emprunte wäert nëmme béi groussen a wichtege Projete fir d'Entwécklung vun eiser Gemeng envisagéiert ginn.

An den éischte Méint vum nächste Joer wäerte mir ee 6-Joresprogramm opstellen, een Dokument, dat mir dem Gemengerot am éischte Semester 2018 virstellen. Dëst Dokument, dat opgestallt gëtt ënner der Berécksiichtegung vun der Péitenger Finanzsituatioun beim definitiven Ofschloss vun de Konten 2017, wäert d'Prioritéite fir déi nächst 6 Joer mat hire respektive Käschtepunkten a Finanzéierungsweeër festleeën.

D'Sécherheet an eiser Gemeng

D'Sécherheet an eiser Gemeng bleift weiderhi fir de Péitenger Schäfferot ee wichtegt Uleies. Och wann dëst net direkt ënner d'Kompetenz vun der Gemengepolitik fält, wäerte mir eis beim zoustännege Minister geziilt fir eng Erhéijung vum Effektiv a fir méi Präsenz vun der Police an de Quartiere vun der Gemeng asetzen. Och wëlle mir den Effektiv vun eisem Service des Agents municipaux erhéijen esoubal hir erweidert Kompetenzen duerch déi nei gesetzlech Bestëmmunge festgeluecht sinn.

D'Rettungsdéngschter

Am Kader vun der neier nationaler Orientéierung vun de Rettungsdéngschter läit et ons um Häerz, ee performante Rettungsdéngscht (Pompjeeën a Secouristen) zum Wuel vun de Bierger aus eiser Gemeng ofzesécheren. Zesumme mat der Gemeng Käerjeng wëlle mir een zentral geleeëne regionalen Zentrum bauen, wou déi Fräiwëlleg, ënnerstëtzt duerch Professioneller, hir wichteg Aufgab ënner beschtméigleche Konditiounen erfëlle kënnen.

Soziales

An den nächste 6 Joer, wäerte mir als Gemeng weiderhin eng aktiv Roll an der sozialer Ënnerstëtzung vun eise Bierger spillen. Associatiounen ewéi ProActif, CIGL, Cent Buttek, Main Tendue, …. sou wéi och den Office social wäerten och an Zukunft déi néideg finanziell a logistesch Mëttele kréie fir hir wichteg Aufgaben, déi si am Déngscht vun eise Bierger leeschten. Och wäert d'Péitenger Gemengeverwaltung weiderhin Ausbildungsplazen an CAE-Kontrakter fir jonk Leit ubidden.

Eng modern Administratioun am Déngscht vun eise Bierger

Mat Bléck op d'Joer 2020 wäert d'Organisatioun vun de Gemengebetriber nei definéiert ginn. An deem Kontext solle bis dohin déi nei Gemengenatelieren op der Lénger Strooss zu Péiteng an den Ausbau vun der Maison sociale an der Korstrooss zu Péiteng – wou weider Büroe fir eis administrativ Servicer entstinn – déi néideg Raimlechkeete stelle fir op véier Sitten an der direkter Ëmgéigend vum Stadhaus een effikassen Service fir eise Bierger ze assuréieren. Och gëtt d'Informatiounspolitik mat Hëllef vun den neie performanten technesche Mëttelen, déi der Gemeng schonn haut zur Verfügung stinn, weider ausgebaut a verfeinert.

An elo ginn ech d'Wuert virun un de Schäffe Jean-Marie Halsdorf, deen iwwert seng Domainer e Wuert hei wäert soen.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Deen neien Alen ass frou, datt en no 13 Joer forcéierter Ofwiesenheet – well wann een e Regierungsmandat huet, dann dierf ee keng Gemengepolitik maachen – sech elo hei als Schäffen an den Déngscht vun eiser Gemeng a senge Bierger ka stellen. An dëst soll dann am Speziellen an deene Beräicher geschéien, déi ech elo kuerz an der Schäfferotserklärung uschwätzen.

Stroosseninfrastrukturen a Reseauen

Fir effizient ze schaffe gëllt et, d'Zesummenaarbecht mat alle Concernéierten ze fleegen: Creos/Enovos, Sudgaz, Post, Eltrona, …….

Prioritär si fir d'Gemeng all d'Reseauen. Mä wat Ofwaasser an Drénkwaasser ugeet, si mer als Gemeng am meeschte gefuerdert, well d'Kompetenz vu Waasser an Ofwaasser direkt bei de Gemenge läit, wann och iwwer Syndikater. Energie- an Televisiounsservicer gi vun Drëttpersounen ugebueden.

Also gëtt prioritär den Ofwaasserreseau konform gemaach.

Infrastrukturell ass eisen Ofwaassersystem déi gréisst Erausfuerderung, och well eis Gemeng am leschte Joer vill gewuess ass.

D'Kläranlag SIACH gëtt jo ausgebaut fir datt d'Anzuchsgebitt vun der Kor den europäeschen Oploen am Ofwaasser gerecht gëtt, well soss dreeën eisem Land Strofen.

Et stinn nach grouss Aarbechten un, zum Beispill d'Vergréisserung vun der Ofwaasserkanalisatioun vun der Péitenger Sportshal bis op d'Nidderkuerer Strooss erop, mat engem Fonçage ënner der Eisebunn.

Dës Aarbechte musse prioritär ugaange ginn, net nëmme fir de geplangte Bauprojet am Beräich Eucosider ze erlaben, méi Awunner heescht méi Ofwaasser, net nëmme fir en eventuelle Camionetteparking am Beräich beim Péitenger Kierfecht ze realiséieren, mä och der aktueller Situatioun gerecht ze gi wat Haushälter a Stroosseninfrastrukturen ugeet, wou d'Kollekteren aktuell un hir Limitte stoussen, zum Beispill wann et reent.

Sensibel Plazen, wou vill Verkéier a vill Leit sinn, ginn ofgeséchert, zum Beispill duerch eng besser Beliichtung vun den Zebrasträifen.

De Bau vun eisen neie Gemengegaragë wäert eis Moyene stäerke fir eis Infrastrukture bei Bedarf ze flécken. Verschidde Stroosse ginn am Buedem erneiert. Anerer kréien een neie Belag, an nach anerer musse kuerzfristeg erneiert ginn.

Hei spillt eis gutt Zesummenaarbecht mat eise Partner eng wichteg Roll fir weiderzekommen. Ee Beispill ass d'rue de la Gare zu Lamadelaine, ee Chemin repris, wou d'Strooss an engem onméiglechen Zoustand ass, well d'Infrastrukturen am Buedem zesummegefall sinn an dës esou séier wéi méiglech verbessert musse ginn.

De Schäfferot ass gewëllt, e Reseau vun ëffentlechen Toiletten, gläichméisseg verdeelt iwwer d'Gemeng, opzestellen. Och wäerte weider Defibrillatoren an der Gemeng op strategesche Plazen opgeriicht ginn.

D'Kultur

Hei ass d'Schlësselwuert Kontinuitéit vun dem geleeschten, am Sënn des méi no bei eis Bierger ze bréngen, sief et iwwer

eng ëffentlech Bibliothéik oder Bicherschief op ëffentleche Plazen.

Mir hunn elo nei Moyenen nieft dem Centre WAX: d'Rout Haus, d'Rollenger Millen, d'Mémoire collective communale 'An der Uecht' an de Centre Audeo. Derbäi kënnt nach eis nei Museksschoul, an där en Auditoire entstoe soll, deen déi kulturell Offer weider diversifiéiere soll.

Hei gëtt et vill Potential an et gëllt, dësen ze notzen iwwert eng global vernetzte Strategie. Dëst ass an der haiteger Zäit liewenswichteg fir eis Gemeng, fir de Profil, d'Erscheinungsbild vun eiser Gemeng ze schäerfen an awer och fir d'Kommunikatioun mat eise Bierger ze stäerken an ze verbesseren. Eis klassesch kulturell Partner gehéieren an esou ee Konzept.

Eis traditionell Strukturen, wéi zum Beispill de Centre de loisirs, de Centre culturel, gi renovéiert an ugepasst an Zesummenaarbecht mat eise Veräiner, esou zum Beispill wat d'Materialstockéierung vun de Veräiner ugeet, wou mir zesumme Léisunge sichen.

Et sollten och nei Synergië mam Lycée LTMA an d'A gefaasst ginn.

Och iwwert d'Gemeng eraus si mer gefuerdert, d'Zesummenaarbecht tëscht de Museksschoulen am Kordall muss weider verstäerkt ginn.

Dat gëllt och am Süden am Kontext vum ProSud a fir Esch a Regioun betreffend d'Europäesch Kulturhaaptstad 2022.

Mir striewen och eng strukturéiert Zesummenaarbecht als Dräilännereckgemeng mat eisen Nopeschgemengen aus Frankräich an der Belsch un.

Zeremonien an ëffentlech Feieren

Hei heescht et Status quo, mä punktuell Verbesserunge sinn net ausgeschloss.

D'Jumelagen

Do gëllt et, no de 25 Joer-Feierlechkeeten de Point ze maache fir Schio, Maribor an och fir eise jonke Groussregioun-Jumelage mat Heiligenwald. Den interkulturellen Austausch sollt weider gefërdert ginn. Eng Pro-a-Contra-Analys soll eis weisen, wou Stäerkten a Schwächte sinn. Dëst soll eis hëllefen, si mat Liewen ze fëllen, well Jumelagen um Pabeier brauche mer keng.

Tourismus, doucen Tourismus

Dësen ass ee weidert wichtegt Standbeen am Erscheinungsbild vun eiser Gemeng. Dëse Beräich muss méi professionaliséiert ginn, wat méiglech ass duerch déi héichwäerteg Strukturen a Partner, déi mer an eiser Gemeng hunn.

Mir hunn Moyenen, et gëllt, se also ze konsolidéieren a se effizient professionell ze notzen, ze institutionaliséiere fir lokal, regional an iwwert Grenzen en Acteur ze ginn am touristeschen Interesse vun eiser Gemeng.

Beispill Tëtelbierg, dësen ass eng Exklusivitéit an Attraktivitéit vun eiser Gemeng, an dës sollt ee kulturell an touristesch notzen.

Do wäerten nei konkret Initiative kommen, dat am Sënn vum Ausbau vum exklusive Minett Park Fond-de-Gras.

Mir sollten eis besser, also méi konsequent, an déi bestoend national Reseauen (Auto pédestre, Vëlo) abannen.

D'Hotelinfrastrukturen - déi bestoend an déi, déi nach kommen, spriech den Hotelprojet am Doihl, un dee mir nach ëmmer gleewen - sollen dem Credo vum Tourismus déngen.

Wirtschaft a Mëttelstand

Och hei misst eis Gemeng méi attraktiv ginn, op d'mannst fir d'Leit, déi an eiser Gemeng wunnen.

Et sollt ee beim Urbaniséiere Facilitéiten, jo Hëllefe schafe fir de mëttelstännegen a besonnesch de klenge Commerce, dee sech an eiser Gemeng wëll etabléieren.

Regional Affären

Do hu mer ee gutt Instrument am Kordall, de SIKOR, wou d'Gemenge Péiteng, Käerjeng, Déifferdeng a Suessem eng gemeinsam Plattform hunn.

Dës Zesummenaarbecht muss weiderbedriwwe ginn, an zwar esou, datt de SIKOR eng Referenz gëtt fir déi regional Zesummenaarbecht.

D'Personalverwaltung

Dës gëtt ëmmer méi komplex, mä net manner wichteg. Zefridde Beamten, zefridde Bierger, dëst muss eise Leetsaz sinn. Mir hunn déi néideg Instrumenter fir eis Beamten ze begleeden. De Règlement interne an den Organigramm vun 2016 bréngen déi néideg Transparenz a Linn fir konsequent an equitabel mat eise Leit zesummen ze schaffen. Den Organigramm setzt de Kader fir déi nei Gesetzgebung iwwert Postes à responsabilité ëmzesetzen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech soen dem Här Halsdorf Merci a ginn d'Wuert weider un d'Madamm Conter.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Meng Ressorte si praktesch déi selwecht wéi an der Vergaangenheet.

Schoulen

Fir dem Wuesstem an eiser Gemeng gerecht ze ginn an an der Zukunft Enkpäss am Schoulberäich ze vermeiden, wäerte mir weiderhi gréisser Investitiounen an onse Schoulinfrastrukture virhuelen, sou zum Beispill eng Vergréisserung vun der Éigent Schoul zu Péiteng, eng Erneierung vun der Schoul Gehren zu Rolleng, an en Ausbau vun der Päsch-Schoul zu Rodange.

An der Park-Schoul gëtt den zweete Schoulhaff erneiert, mat enger Upassung un déi Aktivitéite fir d'Kanner aus dem Enseignement fondamental.

An onse Schoule wäerte mir och weider an déi Informatik-Techniken investéiere fir de Schüler optimal Bedingungen ze bidden.

Maisons Relaisen, Crèchen

Eng 1. Prioritéit huet eng nei Maison Relais zu Lamadelaine, déi dréngend noutwenneg ass fir der grousser Nofro gerecht ze ginn. Dëse Bau soll entstoen no dem neien Educatiouns-konzept, wou d'Kanner de Choix tëscht verschidden Aktivitéitszonen hunn. D'Spillschoul, déi un deem Site läit, dee mir an d'A gefaasst hunn, soll mat ëmgebaut an integréiert gi fir dass de ganz neie Komplex optimal ka benotzt ginn.

Och fir Rodange ass aus deene selwechte Grënn eng drëtt Maison Relais an dëser Mandatsperiod geplangt.

Déi 2 kommunal Crèchen, déi vun ASBLe geleet ginn, sollen duerch de Bau vun enger 3. Crèche opgestockt ginn, well an deem Beräich d'Demande weiderhi ganz grouss ass.

D'Museksschoul

D'Museksschoul gëtt an dëser Mandatsperiod gebaut. Mir sti fir eng modern, den haitege musikaleschen Usprëch gerecht

Museksschoul fir ons Schüler. Mir kéinten de Moment iwwer 500 Schüler hunn, mä et ass jo bekannt, datt mer mat den Enkpäss e wéineg an Nout sinn an dofir ass et wierklech ganz dréngend, datt déi Museksschoul an dëser Mandatsperiod realiséiert gëtt.

Famill, Senioren, Leit mat enger Behënnerung

Fir d'Famillen, Senioren an déi Leit mat enger Behënnerung wäerten déi ugekënnegt Planungen no dem Plan d'action vun der Egalité des chances realiséiert ginn.

Nei Aktivitéite sollen ausgeschafft gi fir déi eeler Matbierger, déi net an engem Seniorenheem residéieren. Eng enk Zesummenaarbecht mat dem Club Senior wäert sech als sënnvoll erweisen. Fir ons Matbierger mat Problemer sollen d'Accèsen an d'Securitéit nach weider verbessert ginn.

Jugend

Fir der Jugend eng besser Hëllefsstellung ze offréieren hu mir elo scho beschloss, de Projet Outreach no der Testphase vun 2 Joer direkt weiderzefeieren an hunn dofir de Budget vun der Maison des Jeunes fir 2018 schonn ugepasst.

Betreffend de Besoinen no gréisser moderne Jugendhaiser wäerte mir weider no neie Méiglechkeeten Ausschau halen. D'Projeten déi d'Jugend selwer ausschaffe wëll a proposéiert, huele mir ganz seriéis a versichen déi mat hinnen ze realiséieren.

D'Jugendkommissioun, déi di lescht Joer gutt Aarbecht bruecht huet, gëtt weider gefuerdert fir d'Problemer vun der Jugend direkt ze thematiséieren, an nei Iddien an der Jugendaarbecht sollen ugepaakt an ëmgesat ginn.

De Kannergemengerot fonctionnéiert weider ënner der Leedung vun enger Educatrice, zousätzlech soll ee Jugendgemengerot an d'Weeër geleet ginn, an Zesummenaarbecht mat der Maison des Jeunes.

Spillplaze ginn an den nei gebaute Citéen ageriicht. Op de bestoende Spillplaze gi reegelméisseg Spiller erneiert an onser Logik, dass ëmmer fir verschidden Altersgruppe Spiller ageplangt sinn.

Bâtiments administratifs

Ons Bâtiments administratifs wäerte weiderhin deen néidegen Ënnerhalt entweeder vun onsen Aarbechter oder vun auswäertege Firmen zougestallt kréien, fir allen Notzer en wierdege Kader ze schafen.

D'Kultusgebaier

D'Kultusgebaier, déi an onsem Patrimoine sinn, wäerte mir och weider fleegen an och geziilt fir kulturell Zwecker gebrauchen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da soen ech der Madamm Conter Merci fir hiren Deel an da ginn ech d'Wuert weider un den Här Mertzig, fir säin Deel.

Mertzig Romain, Schäffen:

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Soziale Wunnengsbau

Mir wäerten eis geziilt asetze fir zousätzleche soziale Wunnraum ze schafen duerch d'Erweiderung vun eise soziale Wunnengen, déi mir wëllen tëscht 10 a 15 Unitéiten an der nächster Mandatsperiod eropsetzen. Och erschwéngleche Wunnraum wëlle mir weider schafen duerch gemeinsam Projete mat dem Fonds de Logement an der S.N.H.B.M.

Beschäftegung

Duerch d'Unzéie vun neie Betriber wäerte mir och weider drop hale fir esou vill Aarbechtsplazen ewéi méiglech um Gebitt vun der Gemeng Péiteng ze schafen. Doduerch an och duerch eis Kollaboratioun mat der ADEM wëlle mir probéieren, eisen Deel dozou bäizedroen, datt esou vill Leit ouni Aarbecht wéi méiglech ënnerdaach kommen. De secondairen Aarbechtsmaart ënnerstëtze mir selbstverständlech och iwwer Associatiounen ewéi CIGL a ProActif.

Verkéier

An Zesummenaarbecht mat de staatlechen Instanze probéiere mir d'Gesamtsituatioun vum Verkéier ze verbesseren. Duerch de permanenten Zouwuess vun eisem Verkéier op Grond vum Transitverkéier wëlle mir déi aktuell Verkéierssituatioun ënner d'Lupp huelen an eis geziilt asetze fir Léisungen um Rond Point Lamadelaine erbäizeféieren an z.B. och op där Plaz d'Schafe vun enger Ënnerféierung ze realiséieren. Mir maachen eis och Gedanken iwwer zousätzleche Parkraum an eisen Uertschaften, esou z.B. duerch d'Schafung vu Parkhaiser an och duerch eng Iwwerschaffung vum Parking résidentiel a Parking payant. Zu Rodange bei der Gare um PED entsteet e grousse Park & Ride mat enger Kapassitéit vun iwwer 1.500 Plazen, wouduerch mer eng substantiell Entlaaschtung vum Verkéier wäerten erbäiféieren, an doduerch eng Verkéiersberouegung wäert mat sech bréngen. Doduerch erwaarde mir eis och zousätzleche Parkraum fir eis Awunner an eisen Uertschaften, a mir kënnen eis Uertschaftszentre berouegen.

Ëmwelt

A Punkto Ëmweltpolitik wäerte mir och weiderhi gewëllt sinn Efforten ze maachen. Mir wäerten och an Zukunft ob déi nächst Zertifikatioun vum Klima Pakt hi schaffen. Dat duerch eng weider Isolatioun vun den ëffentleche Gebaier oder och bei Renovatioune vu Gebaier, déi deene modernen ökologesche Kritären ugepasst ginn. Och wäerte mir probéieren, eise Solarkadaster fäerdeg ze stellen an esou geziilt - do wou et méiglech ass - Photovoltaikanlagen op déi ëffentlech Gebaier ze setzen. Eng nohalteg Förderung vun eise Bëscher wäerte mir och weiderféieren. Des Weidere wäerte mir och an der nächster Mandatsperiod d'Loftwäerter duerch reegelméisseg Miessungen am A behalen. Wou d'Méiglechkeet sech ergëtt an et Sënn mécht, do gesi mir fir, duerch d'Schafung vu Cogenerationsanlagen effizient Energie ze produzéieren. Mat der Duerchféierung vun „Audits Énergétiques" wëlle mir den Energieverbrauch optimal notzen. Bei der Förderung vun erneierbaren Energië wäerte mir op d'Biergerbedeelegung setzen, a mat adequate Subsiden ënnerstëtzen. Als Aufgab gi mir eis och, fir de Recycling Zenter ze moderniséieren. Well d'Kläranlag zu Péiteng op hir Limitte stéisst, gëtt déi vergréissert an ausgebaut. Bei d'ëffentlech Gebaier solle Vëlosstänneren hikommen, an och Bornë fir d'Opluede vun Elektroautoe wäerte mir schafen.

Geschäftswelt

Wichteg schéngt eis och, dass déi lokal Geschäftswelt muss erhalen an zousätzlech gefërdert ginn. Mir probéieren, de lokale Commerce weiderhin ze förderen, esou dass déi méi kleng Geschäfter och eng Iwwerliewenschance behalen. Um Grand-Bis loosse mer eng Zone d'activité entstoe wou bis zu 50 Betriber sech kënnen néier loossen. Duerch de Bäitrëtt bei der Créatioun vum GIE (Groupement d'intérêt économique) gi mir eise Betriber eng weider Méiglechkeet duerch den E-Commerce zousätzlech Fouss ze faassen.

Sport

Wat de Sport betrëfft, wäerte mir och weiderhin eis Veräiner esou gutt wéi méiglech ënnerstëtzen, an dat a finanzieller Hisiicht mat den Subsiden, mat der Erwaardung, datt si

doduerch och an Zukunft weiderhin d'Jugend wäerte förderen. Mir wäerten déi bestoend Infrastrukture verbessere respektiv ausbauen, fir doduerch eng optimal Notzung ze garantéieren. Wann de Projet zu Rodange am Dhoil mam Hotel an engem Wellness Beräich sollt Realitéit ginn, da wäerte mir och do eng multifunktionell modern Sportinfrastruktur entstoe loossen, wou dozou och nei Vestiairesbléck virgesi sinn. Déi al Tribün um Stade Jos. Philippart wäert duerch eng nei, modern Tribün ersat ginn. Mir engagéieren eis, zesumme mat eisen Nopeschgemengen, fir eng Realisatioun vun engem Liichtathletik-Terrain, dee fir de Kordall entstoe soll. D'Renovatioun an d'Vergréisserung vum Dëschtennissall zu Rolleng fördere mer och. Op der Lénger Strooss gesi mer vir, dass mer de Belag vun der Outdoor-Tennisanlag erneieren.

Integratioun

Um Plang vun der Integratioun wäerte mir alles dru setze fir eise Matbierger mat Immigratiounshannergrond d'Hand ze reechen. Mir ginn hinnen d'Méiglechkeet, duerch Publikatiounen a Veröffentlechungen an net Lëtzebuergescher Sprooch och um Gesellschaftsliewen deel ze huelen. Och bei öffentleche Biergerversammlunge vun der Gemeng wäerte mir fir eng Simultaniwwersetzung suergen. A Kollaboratioun mat der Integratiounskommissioun an all aneren Associatioune wëlle mir probéieren, déi Leit mat Multikulti-Fester méi no un eis Gesellschaft erun ze bréngen. D'Sprooche-Course fir eis Awunner fanne weider statt, an dëst och am Sënn vun der Integratioun.

Kierfechter

Op eise Kierfechter wäerte mir weiderhi garantéieren, dass genuch Kolumbarien a Griewer zur Verfügung stinn. Och gi mir eis d'Aufgab, op deene verschiddene Kierfechter vun der Gemeng duerch d'Modernisatioun vun eise Morguen de Bierger eng modern Infrastruktur zur Verfügung ze stellen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Domatter soen ech och dem Här Mertzig Merci. Dat war d'Deklaratioun vum Schäfferot fir déi nächst 6 Joer. Mir wäerten an deenen nächste Wochen a Méint sécherlech bei deene Projeten, respektiv bei de Budgetsdebatten nach Zäit kréie fir iwwert déi eenzel Beräicher ze diskutéieren.

5.2.

Administration générale.

Formation du tableau de préséance du conseil communal - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Le tableau de préséance est dressé comme suit:

Rang	Nom et prénom	Date d'entrée
1.	BREYER Roland	01 01 1988
2.	MELLINA Pierre	12 01 1994
3.	CONTER-KLEIN Raymonde	10 01 2000
4.	POLFER Johny	10 01 2000
5.	BRECHT Guy	03 04 2000
6.	BECKER Romain	16 11 2005
7.	GIRA Carlo	16 11 2005
8.	MERTZIG Romain	09 11 2011
9.	CONZEMIUS-HOLCHER Josette	09 11 2011
10.	SCHEUER Romain	09 11 2011
11.	STOFFEL Marco	14 05 2014
12.	ARENDT Patrick	12 01 2015
13.	BIRTZ Gaby	26 01 2016
14.	HALSDORF Jean-Marie	17 11 2017
15.	GOERGEN Marc	17 11 2017
16.	FLOR Starsky	17 11 2017
17.	BOUCHE-BERENS Marie-Louise	17 11 2017

Accord à l'unanimité.

5.3.

Administration générale.

Règlement d'ordre intérieur du conseil communal - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Den Artikel 14 vum Gemengegesetz gesäit vir, datt de Gemengerot sech e Règlement d'ordre interne gëtt, laut deem e fonctionnéiert. De Règlement d'ordre interne, dee mer iech haut als Schäfferot virstellen, respektiv och proposéieren, ass e Règlement d'ordre interne, dee sech baséiert op dat, wat mer och schonn an deene leschten 2 Perioden haten. Ech wëll awer gären op déi Haaptakzenter zeréckkommen.

Den Artikel 1 hält fest, wéi mer am Gemengerot fonctionnéieren. An do geet och – esou wéi der et elo scho gemaach hutt – Rieds iwwert de Vote, dee mer hei huele wa mer en 'à haute voix' maachen. Datt mer do en éischten aus der Urne erauszéien an da geet et mat dem Alphabet vun do u weider. Dat hu mer jo elo haut scho bei zwee oder dräi Voten esou applizéiert.

Den Artikel 2 geet drop aus, wéi ee seng Dokumenter ka consultéieren. D'Gemengegesetz gesäit fir, datt een am Prinzip all d'Dokumenter am Secrétariat communal ka consultéieren. Fir et eise Gemengeconseilleren awer méi einfach ze maachen, huet jiddereen e PC zur Verfügung gestallt kritt an do kritt en den Aide Mémoire iwwer informatescher Aart a Weis iwwert de Sharepoint iwwermëttelt. Dat huet net den Usproch, fir all d'Dokumenter ze hunn, mä déi wichteg Dokumenter sinn do dran. Wann ee gäre wëll komplett sinn, da muss ee selbstverständlech och als Conseiller – esou wéi dat am Gemengegesetz virgesinn ass – am Sekretariat seng Dokumenter an deenen Delaien, déi laut Gesetz virgesi sinn, kucke goen.

Da kommen d'Froe vun de Gemengeréit. Wann een eng Fro un de Schäfferot stellt – dat ass den Artikel 3 – do ginn et zwou Méiglechkeeten, fir drop ze äntweren. Déi lescht Period hate mer do eng gutt Erfarung gemaach. Den Artikel 25 vum Gemengegesetz gesäit vir, datt – wann ee Conseiller eng Fro stellt – hien eng schréftlech Äntwert vum Schäfferot ka kréien, an dat bannent engem Mount. Mir hunn och esou festgehalen – wéi déi Jore virdrun – datt dräi esou Froe pro Editioun vum 'Péiteng Aktuell' publizéiert ginn, net datt mer ganz Bicher mussen eraus ginn.

Den Artikel 5 seet och, wéi mer d'Informatioun viru ginn un eis Bierger am Kader vun deenen Décisiounen an Deliberatiounen, déi mer hei am Gemengerot huelen. Do ass déi wichtegst Informatioun, déi och esou eriwwer bruecht gëtt, Wuert fir Wuert, dat ass d'Reproductioun Audio. Déi Informatioun kann een e puer Deeg no der Gemengerotssëtzung um Internetsite

vun der Gemeng Péiteng Punkt fir Punkt nolauschteren. Dat ass net 'en bloc', well fir heiansdo 3 oder 4 Stonnen ze lauschtere fir just déi 5 Minutten ze fannen, déi ee wëll héieren, ass zimmlech fastidieux. Dofir hu mer decidéiert, fir dat Punkt fir Punkt ze maachen. A wann een dann zum Beispill beim Punkt 5.3. wëll wësse wat do gesot ginn ass, da brauch een nëmme bei dee Punkt ze goen an da kritt een déi Informatioune matgedeelt.

Wat d'Artikele 6 a 7 ubelaangt, esou geet et do ëm d'berodend Kommissiounen. Do hale mer fest – wéi déi leschte Kéier – datt d'Presidente vun de Kommissiounen duerch de Gemengerot genannt ginn, datt de Sekretär ëmmer vun engem 'agent communal' gemaach gëtt, fir datt mer deen néidege Suivi hunn. Deen ass och genee beschriwwen, wéi déi Deliberatiounen aus deene Kommissiounen un de Schäfferot, respektiv un déi eenzel Servicer weidergedroe ginn. An – wat wichteg ass – déi Kommissioune stelle sech normalerweis zesummen aus 9 Leit aus der Politik an et sinn eng Rei vu berodende Kommissiounen, wou Experte kënne genannt ginn. Dat ass haaptsächlech am Bautendomaine, respektiv beim Verkéier. An aner Kommissioune maache mer och op fir d'Bierger, déi och mat deliberativer Stëmm kënnen do matschwätzen. 2 Kommissiounen hu mer ëmmer do virgesi fir Bierger, fir datt déi sech och an deene Kommissioune kënne mellen.

Wat wichteg ass, dat ass, datt dat, wat an deene Kommissioune geschwat gëtt, 'à huis clos' ass an datt dat net no bausse gedroe gëtt. Well et jo eng deliberativ Decisioun ass, déi een an der Kommissioun hëlt, fir de Gemengerot, respektiv de Schäfferot, respektiv de Buergermeeschter a senger Decisioun ze begleeden, ass et schlecht an irritéierend, wann een ufänkt fir dat – wat an de Kommissioune gesot gëtt – dobaussen ze klären. Well da kann een d'Impressioun hunn, datt do schonn eng Decisioun getraff ginn ass, an et ka sinn, datt de Gemengerot – dee kompetent an deem Beräich ass – eng aner Decisioun hëlt wéi déi, di d'Kommissioun proposéiert huet. Dofir sinn déi Sëtzungen 'à huis clos' an et ass u sech nëmmen 'pour avis' fir déi eenzel Gremien, déi schlussendlech d'Decisioun huelen. D'Kommissioun hëlt keng Decisioun, si mécht just en Avis zu Beräicher an informéiert de Gemengerot, respektiv de Schäfferot, respektiv de Buergermeeschter, jee nodeem ëm wat fir ee Sujet et sech handelt.

Den Artikel 8 gesäit genee vir, datt d'Representativitéit an deene Kommissiounen – besonnesch wat de politesche Volet ubelaangt – a Relatioun ass mat der Vertriedung hei am Gemengerot. Mir hunn déi Berechnung gemaach an dat geet net ëmmer ganz genee op. Dofir hu mer lech elo als Schäfferot proposéiert, datt déi 3 Oppositiounsparteie liicht besser ewech kommen, dat heescht ee méi hunn, wéi se zegutt hunn, an d'Majoritéitsparteien ee Vertrieder manner hunn. Domatter wëlle mer och weisen, datt mer hei am Gemengerot jidderengem deen néidege Spillraum ginn, fir och hir Politik kënnen hei anzebréngen.

Da kënnt zum Schluss nach den Artikel 9. Dee leet fest, wéi de Fonctionnement vun deenen eenzele Kommissiounen ass. An den Artikel 10 seet, datt déi Deliberatiounen net an d'Ëffentlechkeet ze droe sinn, an dat aus deenen Iwwerleeungen eraus, déi ech virdru gesot hunn.

Dat ass de Règlement d'ordre interne, dee mer dem Gemengerot proposéieren.

Goergen Marc (Piratepartei):

Et ass jo schonn emol eng gutt Propose, mä et kéint een awer nach e puer zousätzlech Transparenzpunkte mat dra bréngen. Esou wier et ganz flott, wann d'Leit dobaussen och – wéi dat haut modern ass – eis kéinten an d'Gesiicht kucken, an net nëmmen am Toun, wéi fréier beim Radio. Esou datt mir proposéieren, datt et och e Videostream – sief et live oder am Replay – kéint gi fir de Gemengerot, esou wéi et och schonn an anere Gemengen de Fall ass.

Dann ass et och eis Propose fir e Punkt op den Ordre du jour ze setzen, wou Conseilleren ëmmer kënnen aktuell Froen un de Schäfferot stellen, esou wéi dat och an anere Gemenge schonn de Fall ass.

Dann dass d'Opdeelung vum 'Meng Gemeng' a vun deene flotte Videoen op Facebook och fir d'Oppositioun zougänglech gemaach gëtt. Et gesäit een ëmmer esou schéi Videoe vum Schäfferot, mä datt och d'Oppositioun hir Meenung kann dozou weider soen.

Dann aus Transparenzgrënn, sollen och d'Akommesse vun deenen eenzele Kommissiounen, esou wéi d'Syndikater, d'Jetonen, alles, op petange.lu ëffentlech gemaach ginn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech mengen, mir schwätzen hei vum Règlement d'ordre interne, wéi de Gemengerot soll fonctionnéieren. Dir hutt elo hei Saachen e bësse vermëscht. Dat ass vläicht als neie Conseiller normal. D'Informatiounspolitik huet näischt mam Fonctionnement vum Gemengerot ze dinn. Mir kënnen eng Kéier bei Geleeënheet dozou schwätzen, mä ech wëll mech elo haut op dat baséieren, wat haut um Ordre du jour steet.

Dat ass déi éischt Geschicht, wéi mer dat sollen iwwerdroen. Ech weess net esou richteg, wat dat mat der Transparenz ze dinn huet, ob een do am Fernseh oder iwwer Film gewise gëtt. Ech mengen, wat wichteg ass, dat ass, datt een déi Informatioun, den Debat, deen hei gefouert gëtt, dobausse kann integral kréien. An dorobber hält de Schäfferot. Ob een elo nach e Bild hannendru setzt oder net, huet mat der Transparenz absolut guer näischt ze dinn. Well schlussendlech geet et jo net drëm, wat fir ee Brëll oder Kostüm een un hat, mä et geet drëm, wat een hei am Gemengerot gesot huet. A beim Audio – mengen ech – misst dat iwwermëttelt ginn. Dofir mengen ech, datt een dat hei an dëser Phas net sollt maachen. Wa mer awer eis hei an engem gemeinsame Konsens eens sinn, datt mer sollen ufänke mat filmen, da kënne mer dat nach ëmmer eng Kéier diskutéieren. Mä an dësem Stade géif ech dat net maachen, well et och guer näischt mat Transparenz ze dinn huet.

Wat d'Froen un de Schäfferot ubelaangt, esou gesäit d'Gesetz genee vir, datt een dat ka maachen. An de Schäfferot huet sech och net dogéint gewiert, well am Artikel 5.3. ass ganz genee geschriwwen, datt ee ka Froe stellen. Mä bei der Aart a Weis wéi geäntwert gëtt, gesäit Gesetz zwou Saache vir. Dat eent ass, datt an der Gemengerotssëtzung direkt geäntwert gëtt, wann een dat 3, 4 Deeg virdru bréngt. Dat huet awer mat sech bruecht, datt heiansdo e Monolog war tëscht engem Conseiller an dem Schäfferot an déi aner Leit genervt waren, well se do sëtze fir dat während enger Stonn nozelauschteren. Dofir huet de Schäfferot viru 6 Joer decidéiert a proposéiert gehat, datt selbstverständlech e Member aus dem Gemengerot ka Froe stellen a selbstverständlech kritt en och eng Äntwert, mä déi zweet Variant vun der Äntwert ze wielen. An dat ass déi Variant vun enger schréftlecher Äntwert bannent 30 Deeg. An doriwwer eraus hu mer jo och gesot, datt mer géifen dat am 'Péiteng Aktuell' publizéieren, fir datt net de Gedanken opkënnt, datt mer aus Ontransparenz géifen déi Interventioun vun engem Conseiller net publizéieren. Esou gëtt dat dann och publizéiert, esou datt do och d'Transparenz gewaart ass.

Accord par 15 voix 'Oui' et 2 voix 'Non' (Piratepartei).

5.4.

Administration générale.

Nomination des délégués aux syndicats des communes - décisions.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

1. Nomination de deux délégués au Syndicat Intercommunal Kordall (SIKOR)

Résultat du vote secret:
Becker Romain: 3 voix
Breyer Roland: 13 voix (élu)
Conzemius-Holcher Josette: 12 voix (élue)
Goergen Marc: 2 voix

2. Nomination de deux délégués au Syndicat Intercommunal Syndicat Intercommunal pour l'Assainissement de la Chiers (SIACH).

Résultat du vote secret:
Becker Romain: 3 voix
Breyer Roland: 12 voix (élu)
Conzemius-Holcher Josette: 13 voix (élue)
Goergen Marc: 2 voix

3. Nomination d'un délégué au Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA).

Résultat du vote secret:
Gira Carlo: 12 voix (élu)
Scheuer Romain: 4 voix
Bulletin blanc: 1

4. Nomination de deux délégués au Syndicat intercommunal pour l'exploitation d'un centre de compostage régional à Mondercange «Minett Kompost».

Résultat du vote secret:
Arendt Patrick: 13 voix (élu)
Flor Starsky: 2 voix
Polfer Johny: 12 voix (élu)
Scheuer Romain: 3 voix

5. Nomination de trois délégués au Syndicat Intercommunal des Eaux du Sud (SES).

Résultat du vote secret:
Brecht Guy: 13 voix (élu)
Conter-Klein Raymonde: 11 voix (élue)
Goergen Marc: 2 voix
Mertzig Romain: 13 voix (élu)
Scheuer Romain: 3 voix

6. Nomination de trois délégués au Syndicat Intercommunal des Tramways dans le Canton d'Esch/Alzette (TICE).

Résultat du vote secret concernant deux délégués:
Arendt Patrick: 13 voix (élu)
Becker Romain: 3 voix
Flor Starsky: 2 voix
Mellina Pierre: 12 voix (élu)

Résultat du vote secret concernant un 3e délégué:
Becker Romain: 2 voix
Flor Starsky: 2 voix
Gira Carlo: 12 voix (élu)
Bulletin nul: 1

7. Nomination de deux délégués au Syndicat de l'Hôpital Intercommunal de Differdange-Pétange-Bascharage.

Résultat du vote secret:
Brecht Guy: 12 voix (élu)
Conter-Klein Raymonde: 15 voix (élue)
Bulletins blancs: 2

8. Nomination d'un délégué au Syndicat Intercommunal de Gestion Informatique (SIGI).

Résultat du vote secret:
Goergen Marc: 2 voix
Stoffel Marc: 13 voix (élu)
Bulletins blancs: 2

9. Nomination d'un délégué au Syndicat de communes régional pour la promotion et le développement de la région du sud (PRO-SUD).

Résultat du vote secret:
Brecht Guy: 14 voix 'Oui' et 1 voix 'Non' (élu)
Bulletins blancs: 2

10. Nomination d'un délégué au Syndicat Intercommunal pour la Construction et l'Exploitation d'un Crématoire (SICEC).

Résultat du vote secret:
Mertzig Romain: 14 voix 'Oui' et 1 voix 'Non' (élu)
Bulletins blancs: 2

11. Nomination de deux délégués au Syndicat Intercommunal pour la Destruction des Ordures et Résidus (SIDOR).

Résultat du vote secret concernant le 1er délégué:
Birtz Gaby: 13 voix (élue)
Flor Starsky: 2 voix
Scheuer Romain: 2 voix

Résultat du vote secret concernant le 2e délégué:
Flor Starsky: 2 voix
Mertzig Romain: 10 voix (élu)
Scheuer Romain: 2 voix
Bulletins nuls: 3

5.5.

Administration générale.

Nomination d'un délégué au Centre Hospitalier Emile Mayrisch (CHEM).

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Résultat du vote secret:
Halsdorf Jean-Marie: 15 voix 'Oui' et 2 abstentions (élu).

5.6.

Administration générale.

Titres de recettes au montant total de 318.011,71 euros – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité. Mme Birtz, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

5.7.

Administration générale.

Participation financière de l'Etat dans le cadre du «Pacte Logement» et vote d'un crédit spécial de 1.061.775,00 euros – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass viraussiichtlech fir d'leschte Kéier, wou mer eis mat dësem Projet befaassen. Et ass de Projet 'Pacte logement', wou mer nach op Grond vun der Entwécklung vun der Populatioun am Joer 2016 nach eng lescht Tranche vun 1.061.775 Euro kritt hunn. Wéi d'Gesetz et virgesäit, musse mer dat op e spezielle Kredit als Depense am extraordinäre Budget buchen am Kapitel 'Dotation au fonds de réserve pacte logement'.

Accord à l'unanimité.

5.8.

Administration générale.

Décompte concernant l'affichage dynamique des avis et informations officiels dans les trois localités de la commune – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Total du devis approuvé:	*51.146,55 €*
Total du crédit approuvé:	*55.000,00 €*
Total de la dépense:	*51.365,93 €*

Brecht Guy (LSAP):

Ech wollt froen, wéi vill där Informatiounstafele mer an der Gemeng hunn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Fir de Moment hu mer 3 Stéck. Eng steet hei beim Stadhaus, eng zweet zu Lamadelaine bei der Schoul an eng drëtt beim Rodanger Kulturzentrum. Op deene ginn déi offiziell Avise vun der Gemeng, déi fréier einfach an en Haische gehaange goufen, elektronesch ugewisen. Si gi vun engem administrativen Service hei aus dem Haus direkt op déi verschidde Plaze fortgeschéckt an domatter si mer toppaktuell. An dat ass eng wesentlech Verbesserung vun der Informatioun fir eis Bierger.

Brecht Guy (LSAP):

Dat ass ganz gutt. Mä bleift et bei deenen dräi oder ginn et der méi?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Am Prinzip bleift et bei deenen dräi.

Approbation à l'unanimité. M. Arendt, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

5.9.

Administration générale.

Décompte portant sur la digitalisation du système de conférence de la salle de séance de l'Hôtel de Ville - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Total du devis approuvé:	*35.000,00 €*
Total du crédit approuvé:	*35.000,00 €*
Total de la dépense:	*33.234,56 €*

Approbation à l'unanimité. M. Arendt, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

6.

Enseignement.

Organisation des classes de neige pour l'année 2018 – décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

D'Kanner aus dem 6. Schouljoer gi vum 25. Januar bis den 2. Februar an d'Schnéiklassen. Et ass fir 30. Kéier, wou mer an d'Schnéiklasse ginn. Firwat fuere mer elo dës Kéier an d'Wipptal op Steinach an Éisträich? Mir wollten, datt eis Kanner net méi esou wäit solle fueren, well et sinn 300 Kilometer manner wéi op Mariazell. D'Léierpersonal hat och d'Geleeënheet fir dorower kucken ze goen, well et ass jo eng Asbl, déi sech ëm déi ganz Organisatioun bekëmmert. An zu Steinach ass een Haus, wou se alleguerten zesumme kënne logéieren. Well an deene leschte Jore war dat – deemno wéi héich d'Zuel vun de Kanner war – net méi de Fall, an esou waren d'Kanner an de Schnéiklasse getrennt.

Mir rechnen – mat deenen 13 Klassen, déi dorower fueren – datt mer erëm bei ronn 200 Kanner leien. Dozou kommen nach zousätzlech 13 Titulairen, 13 Moniteuren, 1 Enseignant coordinateur an 1 Dokter.

De Budget, dee mer virleien hunn an dee relativ präzis opgestallt ass, läit de Moment bei 103.356,40 Euro. Do kommen duerno nach dobäi d'Participatioun vun den Elteren, souwéi nach speziell Saachen, déi eventuell nach géife kommen. Esou datt mer op en Total vun 157.356,40 Euro kommen.

Mir géifen der Asbl Classes de Neige eng Avance vun 93.000 Euro ginn, fir datt si déi néideg Aktivitéite kënne plangen an d'Reservatioune scho kënne maachen.

Esou datt mer haut iwwer 2 Saache mussen ofstëmmen. Dat éischt ass d'Zoustëmmung fir dës Aktivitéit, an dat zweet ass fir hinnen eng Avance vun 93.000 Euro ze ginn, fir datt se déi néideg Reservatioune kënne maachen an dann och sécher sinn, datt se an där Hotelënnerkunft – et ass och erëm eng Jufa – déi 8 Deeg Schnéiklasse kënne verbréngen.

Accord par 15 voix et 2 abstentions (déi gréng).

7.

Enseignement musical.

Organisation scolaire pour l'année 2017/2018 de l'École de Musique – décision.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

D'Schoulorganisatioun vun der Museksschoul kënnt all Joer erëm. Et ass dat ee méi grousse Punkt, dofir wëll ech se hei an enger geraffter Form virstellen, well dat anert géif einfach ze wäit féieren. Wann duerno nach Froen opstinn, da stinn ech ganz gären zur Verfügung fir déi och nach spéiderhin ze beäntwerten.

Ech wëll mech just kuerz faassen an op de Punkt 1 agoen. Et sinn dat d'Generalitéiten. Do geet et ëm déi eenzel Branchen, déi an eiser Museksschoul ugebuede ginn, dat heescht, de Solfège, d'Harmonie, den Déchiffrage, d'Histoire de la musique, den Jazz, de Gesank, d'Blosinstrumenter, d'Blech- an d'Holzinstrumenter, d'Clavieren, d'Corden, d'Perkussioun, Kammermusek an d'Ensembelen. Dat ass de Package, dee mer de Moment kënnen ubidden. Wa mer emol déi nei

Museksschoul hunn, da kënne mer eis ausweiten an da kënne mer och nach aner Branchen ubidden.

Op Wonsch vum Chargé de direction ass et esou, datt hien och ëmmer ka mat eragoen. De Museksunterrecht gëtt complementéiert vun enger Commission de surveillance, wou natierlech de Chargé de direction och mat dran ass a wou hien och säi Matsproocherecht huet, a wou déi aner Memberen, déi vum Gemengerot gestëmmt sinn, an des weideren nach Spezialiste kënnen drun deelhuelen an hir Meenung mat erabréngen.

Methoden a Programmer, déi ënnersicht ginn, an och genee esou wéi d'Examen an d'Concoursen, solle concordéiere mat der Direktioun vun der Commission nationale des programmes des écoles de musique. D'Museksschoulen hu sech zesumme gedoe fir en nationale Programm, deen och vum Ministère guttgeheescht ass, esou datt mer eng Uniformitéit an de Museksschoulen hunn, a wou déi selwecht Programmen ugebuede kënne ginn, fir datt d'Kanner um nämmlechten Niveau kënne Musek léieren.

De Personnel enseignant muss sech un d'Note de service ralliéieren. Och déi ass ofgeschwat mat der Association des écoles de musique du Grand-Duché de Luxembourg, esou datt et och an deenen eenzele Museksschoulen d'selwecht fonctionnéiert fir déi eenzel Enseignanten. Et ass jo och bekannt, datt d'Enseignanten, déi bei eis an der Museksschoul enseignéieren, net alleguerten e volle Kader hunn, esou datt déi jo och nach an anere Museksschoule Course ginn. Domatter wieren se alleguerten op engem Niveau a wësse ganz genee, wéi et an de Museksschoule soll goen.

Dann ass och nach den Artikel 5 ervirzehiewen an do heescht et och, datt d'Direktioun kollektiv Course festleet. Déi eenzel Coursen awer solle mam Chargé ofgeschwat ginn, well dee sech jo méi oder wéineger och ëmmer no de Stonne riicht, wéi säi Schüler ka kommen.

E wichtege Punkt ass och, datt eng Tâche journalière vun engem Chargé 7 Stonnen net soll iwwerschreiden an net soll 5 Stonnen an engem Stéck fonctionnéieren. Dat heescht, no 5 Stonne muss eng Paus ageluecht ginn. Wann awer elo en extrae Concours misst virbereet ginn, da kann een dat mat der Direktioun ofschwätzen an da kann een duerno kucken, wéi een dat Ganzt kann organiséieren.

D'Aschreiwunge vun deenen eenzele Punkten a vun deenen eenzele Schüler sinn och ganz definitiv an der Schoulorganisatioun festgehalen, esou datt jiddereen, dee se duerchliest, och eens gëtt domatter an dofir kann een och soen, datt dat ganz gutt vu sech hir geet. D'Chargéë sinn ëmmer 'sur place', d'Schüler ginn ageschriwwen. Déi nei Schüler musse sech natierlech heiansdo e wéineg méi arrangéieren, well déi Schüler, déi schonn ageschriwwe waren, hunn de Virrang.

Da kommen ech zu den Effektiven, déi mer de Moment ageschriwwen hunn. De Moment hu mer 487 Schüler, déi ageschriwwe sinn. Mir haten der an der Zäit och schonn emol méi, mä mir sinn de Moment an engem Enkpass an dofir ass dat hei elo méi oder wéineger déi Zuel vu Schüler, déi mer kënnen opfänken. Mir hunn zwar eng Waardelëscht vu 24 Schüler, haaptsächlech am Piano an an der Gittar, wou mer der net méi kënnen huelen.

Mir hunn 31 Enseignanten. Dovunner hu mer der 6 'à tâche complet', 5 'à tâche partielle', 28 mat engem CDI an 3 mat engem CDD. Mir sinn de Moment gutt opgestallt, well mer ëmmer eis esou asetze fir Enseignanten ze kréien, déi 1. Präisser hu vu Conservatoiren aus dem Ausland, fir eng héichwäerteg Schoul kënnen ze bedreiwen a gutt Course kënnen ze halen.

Efforte sinn natierlech ëmmer ze maachen. Mir wëllen dat jo och esou wieder féieren an der Museksschoul. Mir hunn awer e gutt Verhältnis zu der AEM, wou mer gutt vertruede sinn a wou mer eis reegelméisseg am Land gesinn an eis ofschwätzen, wou mer eis och ofschwätzen iwwert déi eenzel Concoursen, iwwert déi eenzel Praktiken, wéi et an de Museksschoule leeft. An dat leeft och ganz gutt.

D'Konventioun, déi mer mat eisen Nopeschgemengen hunn, fonctionnéiert och exzellent, wou mer kënnen den Austausch maache vu verschiddene Chargéen a wou mer och verschidde Schüler – wann d'Schülerzuel hei net esou grouss ass an engem bestëmmten Instrument – op Déifferdeng oder Käerjeng kënne weider ginn. Dat fonctionnéiert ganz gutt.

D'Fonctionnement mat eise Museksgesellschaften ass bis elo och ëmmer ganz gutt gelaf. Mir hunn eis ëmmer dru gehalen, fir wa mer Aktivitéiten hunn, eis Museksgesellschaften – mat deene mer jo wëllen e gutt Verhältnis hunn – ze invitéieren, fir se anzelueden, och op eis Porte ouverte, fir datt si sech kënnen do bewäerten an och zur Schau stellen op enger Plattform a wou si kënnen hir Instrumenter weisen a wou si och kënnen nei Schüler rekrutéieren. Dat Ganzt huet awer an der lescht ee Bemol mat sech bruecht, well d'Museksgesellschaft Rodange/Lamadelaine op Internet gepost huet, datt si och géinge Coursen ofhalen. Si géife Coursen ofhalen, si géifen der ubidden. An zwar fir déi Kleng géifen se een Eveil ubidden a si géifen och Course fir Erwuessener ubidden.

Ech muss awer soen, datt mer ganz erstaunt waren, wou mer déi doten Nouvellë kritt hunn, well dat ass natierlech net am Sënn vun enger gudder Zesummenaarbecht mat eise Museksgesellschaften. Op jiddwer Fall net esou, wéi mir eis et virgestallt hunn. Et war och en Thema am leschte Comité vun der AEM, wou e ganz grousst Erstaune war. An et wäert och natierlech nach thematiséiert ginn an der nächster Musekskommissioun, déi jo elo nei zesummegestallt gëtt. Do wäert et e Punkt um Ordre du jour ginn.

Mir haten eis dat aneschters virgestallt, well jo ëmmer gesot gëtt, datt d'Schüler an de Museksschoule sollen ausgebilt ginn. Si sollen och do gutt ausgebilt ginn, vu Chargéen, déi grouss Studien hannert sech hunn. Dat war jo och ëmmer eis Devise an dat ass d'Devise allgemeng vun de Museksschoulen hei am Land. Mä hei schéngt jo awer eis Harmonie municipale vu Rodange/Lamadelaine wëllen en anere Wee ze goen. Mir hunn dat zur Kenntnis geholl a mir wäerten dat och weider thematiséieren.

Dat war fir de Moment mäi Bäitrag zu Schoulorganisatioun vun der Museksschoul 2017/2018. Wann nach Froe sollte sinn, da sinn ech gäre bereet fir drop ze äntweren.

Goergen Marc (Piratepartei):

Fir d'éicht wëll ech op déi normal Punkten agoen, déi mer virbereet haten, an duerno ginn ech awer nach gären op der Madamm Conter hir Remarquen an.

Fir eben dat Verhältnis tëscht de Museken an der Museksschoul ze stäerken, géife mir als Piraten proposéieren, datt an der Commission de surveillance jeeweils all Musek, also eng Kéier Péiteng an eng Kéier Rodange a Lamadelaine, een Expert géing kréien, fir datt mer endlech do och un Informatioune kommen.

Dann, wann een aktiv an enger lokaler Musek ass, datt een den Droit d'inscription sief et fir näischt kritt, oder op mannst verbëllegt. Well mir wëlle jo, datt méiglechst vill Leit duerno an de Museken aktiv ginn.

Dann zu där Remark. Ech hunn och gelies op Facebook, datt den Eveil musical a fir déi Grouss ugebuede gëtt. Esouwäit dat

mir erkläert ginn ass, ass et esou, datt verschidde Kanner et ofgebrach hunn, well et hinnen net méi méiglech war an der Museksschoul ënner verschiddene Konditiounen hire Cours weider ze maachen. Esou datt se awer nach an de Museke wollte bleiwen an deementspriechend déi Museken dann déi Formule ugebueden hunn.

Et ass esou, datt et verschidden Adulte ginn, déi net an eng Museksschoul wëlle goen. Sief dat, well se Eltere vu Kanner sinn oder e Partner hunn, déi an der Musek aktiv sinn, a wou se just wëllen op Basis vun engem Hämmelsmarsch oder aneren Aktivitéiten deelhuelen, awer net wëllen dee grousse Solfège an déi eenzel Museksschoul duerchlafen. An dofir ass deementspriechend esou ee Cours ugebuede ginn.

Et ass awer och ze kucken, an dat kritt och jiddereen am Gemengerot mat wann een d'Statistike kuckt, wéi vill Kanner an der Museksschoul sinn an et kuckt een duerno, sief et d'Jugendmusek vu Péiteng oder vu Rodange/Lamadelaine, datt do net genuch Nowuess vun der Museksschoul an déi lokal Museke geet, mä datt een se heiansdo esouguer an den Nopeschgemengen erëmfënnt.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Experte kënne mir eranhuelen. Ech mengen, dat steet jo an der Schoulorganisatioun dran an dat hutt der jo och elo gelies, wou mer elo eis Grille virgestallt hu vun deenen eenzele Kommissiounen. Eis Rapporte ware jo ëmmer transparent. Et ass ëmmer duergeluecht ginn, wat an der Museksschoul geschitt. All Museksgesellschaft ka sech informéiere goen an d'Museksschoul. Si kënne bei den Direkter goe fir Informatiounen ze kréien. Ech mengen, do ass nach keen ofgefiedert ginn.

Wann et elo heescht, lokal verbëllegt Tariffer unzebidden, a wann ee kuckt, wéi héich den Tarif de Moment ass, wou et bei 25 Euro ugeet bis 100 an eppes, a wou och nach Subsiden ausbezuelt ginn un déi eenzel Lokalitéiten, dann ass et do jo awer och esou, datt mer musse soen, datt een haut effektiv näischt méi fir Näischt kritt. Och an deenen anere Gemengen, wou Museksschoule fonctionnéieren, a wou mir eis op ee Minerval festgeluegt hunn – op jidde Fall hei nidden am Kordall – a wou mer an där Logik wëlle fonctionnéieren, do solle mer och an där Logik bleiwen an elo net ufänke fir auserneen ze driften. Dat wier net ganz gutt, well mir hu mat deenen anere Museksschoulen e gutt Verhältnis, mir hunn dat ënnert eis ofgeschwat an da solle mer och dobäi bleiwen. Well wa mer do eemol eng Decisioun getraff hunn, da solle mer déi och weider féieren.

Op meng Remark hin hutt Dir gesot, datt am Eveil musical verschidde Kanner net méi hätte wëllen an der Museksschoul bleiwen. Ech wëll iech just soen, datt déi Kanner aus dem Eveil musical nach guer net an enger Museksgesellschaft sinn. Den Eveil musical, dat sinn déi Kleng. Dat sinn déi Kleng, déi an der Spillschoul sinn, dat sinn déi Kleng, déi an de Maisons Relaise sinn, an déi do emol ufänke fir e gewëssene Rhythmus ze léieren an déi nach guer net an enger Museksgesellschaft sinn. An dofir sinn ech ëmsou méi erstaunt iwwert Är Remark, déi der do gemaach hutt. Well wann et sech elo nach géing drëm handelen, datt ee géing soen, do sinn elo Schüler déi am 3. oder 4. Joer Solfège e bëssen d'Flemm hunn – well jidderee weess, datt dat en Zyklus ass, dee relativ schwéier ze bewältegen ass – dann hätt ech dat verstanen. Mä net, wann een hei vum Eveil schwätzt. A wann een och nach dovunner schwätzt, datt gewëssen Adulten net an d'Museksschoul wëlle goen, gutt, dann ass et nun eben eemol esou. Mä da kann ee sech jo awer och nach iwwerleeën, ob et awer trotzdeem net besser wier – wann ee gären e gudden Niveau a senger Museksgesellschaft wëll hunn – fir déi Leit awer trotzdeem ze motivéieren an d'Museksschoul ze goen. Well eis Course gi jo zu allen Zäiten ugebueden, a mir hu jo vill Erwuessener, déi jo no enger gewëssener Aarbechtszäit kënnen dohinner goe fir de Solfège an hiert Instrument gutt ze léieren.

Wann Dir sot, datt gewësse Kanner aus der Museksschoul net bei Iech an d'Museksgesellschaft, ech weess net, ob se net och nach vläicht net an d'Péitenger Museksgesellschaft eraginn, dann ass dat net un der Museksschoul, wou dat hänkt. Well da musst Dir intern kucken. Da musst Dir an Ärer Gesellschaft kucken, wat ech deene Schüler oder deene Jonke bidden, oder wat bidden ech hinnen net. Da musst Dir vläicht Äre Programm änneren, Dir musst vläicht Är Stonnen änneren a vläicht méi op déi Kanner zougoen. Mir kënnen d'Kanner aus der Museksschoul net forcéieren, fir an eng Museksgesellschaft aus der Gemeng ze goe fir hiert Instrument ze spillen. Mir kënnen se nëmme motivéieren. Mä et ass – mengen ech – och un iech, fir Äre Bäitrag ze leeschte fir déi Jugendlech ze kréien, déi hei an der Museksschoul – awer och an anere Museksschoulen – gutt ausgebilt sinn.

Accord par 15 voix 'Oui', 1 voix 'Non' (M. Goergen) et 1 abstention (M. Flor).

8.1.

Propriétés.

Contrat de bail avec Madame Brigite Pontes Ferreira concernant un logement communal sis à Rodange, rue de la Gendarmerie n° 65 – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Approbation à l'unanimité.

8.2.

Propriétés.

Convention avec la Société du Parking Guillaume S.A. (Groupe Parkolux) concernant l'exploitation d'un parking souterrain ouvert au public à Rodange, avenue Docteur Gaasch et vote d'un crédit spécial de 8.000 euros - décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Viru Kuerzem hu mer deen éischten ënnerierdesche Parking an der Avenue Dr Gaasch zu Rodange opgemaach, mat 31 Parkplazen. Dat ass een éischten, duerno wäert nach een am Zentrum vu Rodange kommen. Et wäerten der nach entstoen an deenen nächste Joren.

Fir de Moment hu mer vun der ITM Oploen, datt mer déi mussen iwwert d'Televisioun mat Kameraen iwwerwaachen. Dat kënne mer natierlech net mat eegene Leit maachen, well mat 31 Parkinge kënnt der iech virstellen, wann een dat ronderëm d'Auer wëllt maachen, gëtt dat ze deier. Dofir hu mer elo proposéiert, fir vum 1. November un e Kontrakt ze maache mat där Firma vum Grupp Parkolux, fir datt si dat matmaachen. An déi ganz Exploitatioun soll pro Joer 37.350 Euro HTVA kaschten. Well mer dat nach dëst Joer am November an Dezember wëllen exploitéieren, wäerte mer e Spezialkredit vun 8.000 Euro am ordinäre Budget fir déi lescht 2 Méint proposéieren.

Accord par 13 voix et 4 abstentions (déi gréng, Piratepartei).

8.3.

Propriétés.

Décompte concernant les travaux de démolition d'une maison communale avec garage et annexe sis à Lamadelaine, avenue de la Gare n° 41 – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Total du devis approuvé:	*35.000,00 €*
Total du crédit approuvé:	*35.000,00 €*
Total de la dépense:	*29.191,50 €*

Approbation à l'unanimité.

8.4.

Propriétés.

Décompte concernant les travaux de démolition de l'ancienne maison Goldschmit à Pétange, rue de l'Eglise n° 1 – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Total du devis approuvé:	*45.000,00 €*
Total du crédit approuvé:	*45.000,00 €*
Total de la dépense:	*33.111,00 €*

Scheuer Romain (déi gréng):

Et ass mer opgefall, datt e Stéck vun der Mauer stoe bliwwen ass tëscht deem Haus an dem Office social. Kënnt do keng Fiichtegkeet an d'Gebai eriwwer, wann et elo drop reent oder wa Fiichtegkeet eranzitt. Oder ass déi Mauer aus engem bestëmmte Grond stoe gelooss ginn?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

De Grond ass sécherlech deen, datt mer dat net wollte bis un de Bord ewechhuele fir do eppes futti ze maachen un der Fassad. Op jidde Fall wäerte mer do ganz séier e Projet presentéiert kréien an da wäerte mer ufänken. Ech mengen net, datt dat doten e Problem ass, mä ech wäert dat awer nach eng Kéier bei eisen Techniker froen. Mä ech ka mer net virstellen, datt dat e Problem duerstellt.

Approbation à l'unanimité.

8.5.

Propriétés.

Décompte concernant le levé topographique des bâtiments communaux - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Total du devis approuvé:	*0,00 €*
Total du crédit approuvé:	*74.591,57 €*
Total de la dépense:	*71.525,44 €*

Approbation à l'unanimité.

8.6.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue Eucosider» de la part de la société ArcelorMittal Centre Logistique Européen S.A. - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 6,18 ares se fait au prix de 4.635,00 euros.

Approbation à l'unanimité.

8.7.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition de plusieurs terrains sis à Rodange, lieu-dit «Route de Longwy» de la part de Madame Albertine Bodry (veuve Huberty) - approbation.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Hei wëlle mer Terraine kafen tëscht der Lonkecher Strooss an der Cité Neiwiss, an dat en vue vun enger Extensioun vum Lotissement Neiwiss. Mir hunn do schonn eng Rei Terrainen an déi heiten Terraine mat enger Gesamtgréisst vun 8,77 Ar wollte mer – genee wéi beim Lotissement Atzéngen – fir 20.000 Euro den Ar ofkafen. Dat ass e Käschtepunkt vun 175.400 Euro, dee mer da géife fir deen Terrain bezuelen. Da kënne mer schonn d'Lotissement erweideren. Mir sinn awer nach am Verhandele mat weidere Leit, fir nach e Stéck Terrain do ze kréien. Wou et e bësse méi problematesch ass, well eben ee vun där Famill am Frankräich wunnt a mer deen net kënnen erreechen. Mir kucken awer fir dat esou séier ewéi méiglech hinzekréien, well mer wëlle gären an Zukunft e weidert Lotissement maachen. Dat hei ass zwar méi kleng ewéi Atzéngen, mä mir wëllen awer gären e Lotissement maache fir Wunnenge fir jonk Leit an eiser Uertschaft Rodange ze schafen.

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Wa mer déi Terrainen, déi mer elo nach net hunn, eventuell net géife kréien, kann dann awer dat Lotissement gemaach ginn?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir kënnen et dann awer maachen. Et gëtt dann e bësse méi kleng, mä mir kënnen eis awer d'Ouverture loossen – wa mer de PAP maachen – datt mer do eng Weiderféierung kënne maachen esoubal mer déi Terrainen hunn. Mä ech ginn awer dovunner aus, datt mer nach iergendwéi dee Mann, deen a Frankräich wunnt, erreechen. Well déi aner sinn alleguerten domatter averstane fir ze verkafen. Et ass eng Coproprietéit, mir musse just déi dote Persoun nach erreechen. Mä dat do geet och ouni deen Terrain.

Approbation à l'unanimité.

8.8.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Rue du Vieux Moulin » de la part de Messieurs Eric Breny et Manuel Platen - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 15 centiares se fait au prix de 112,50 euros. Le terrain est intégré dans le domaine de la voirie publique communale.

Approbation à l'unanimité.

8.9.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Rue du Vieux Moulin» de la part de

Monsieur André Martins Dias et Madame Stéphanie Baldinucci - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 1 centiare se fait gratuitement.

Approbation à l'unanimité.

8.10.

Propriétés.

Compromis concernant l'acquisition d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «Rue des Jardins» de la part de Madame Christiane Hamen - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 32 centiares se fait gratuitement.

Approbation à l'unanimité.

8.11.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «An den Jenken» à Monsieur Roger De Angelis - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain d'une contenance de 2,54 ares se fait au prix de 50.800,00 euros.

Approbation à l'unanimité.

8.12.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Pétange, lieu-dit «An den Jenken» à Monsieur Jean-Claude Zanin - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain d'une contenance de 3,13 ares se fait au prix de 62.600,00 euros.

Scheuer Romain (déi gréng):

Do läit tëscht deenen 2 Terrainen nach en Noper dertëscht. Sidd der mat deem nach net eens ginn, oder sinn déi aner 2 Noperen net gewëllt gewiescht fir deen Terrain mat ofzekafen?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Et ass een Noper, wou mer mengen, datt deen net wëll kafen. Et sinn der awer nach an der Pipeline, déi am gaange si fir ënnerschriwwen ze ginn. Esou datt ech fir de Moment just vun engem weess, deen net wëll kafen. Do musse mer eng Léisung sichen an do hu mer och d'Nopere schonn ugeschriwwen, ob vläicht een interesséiert ass fir dat ze kafen. Mä soss géifen awer all d'Nopere kafen. Dat ass de leschte Stand vu mengem Wëssen.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech froe just, well et wier méi einfach gewiescht fir dat Stéck an engem Acte matzemaachen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech mengen, den Terrain, deen un dat heiten ugrenzt, ass nach net an der Vente. Mir kënnen awer duerno iwwert den Numm schwätzen a kucken, ob dat deen dann och ass. Mä mir hunn d'Nopere vun deem, deen et net wëll kafen, ugeschriwwen an déi hunn awer bis elo nach net gesot, ob se et wëlle kafen oder net. Esou datt mer musse kucken, wat mer mat deem Terrain maachen.

Approbation à l'unanimité. M. Goergen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.13.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «rue de la Piscine» à Monsieur José De Carvalho Leite et Madame Maria Silva - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain d'une contenance de 34 centiares se fait au prix de 6.800,00 euros.

Approbation à l'unanimité. M. Goergen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.14.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Sefadin Osmanovic et Madame Inera Kalac – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain d'une contenance de 3,51 ares se fait au prix de 140.400,00 euros.

Approbation à l'unanimité. M. Goergen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.15.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Muhamed Sabotic - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain d'une contenance de 2,27 ares se fait au prix de 102.000,00 euros.

Approbation par 16 voix et 1 abstention (M. Goergen).

8.16.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Edis Skrijelj et Madame Gjevahire Ukay - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain d'une contenance de 3,13 ares se fait au prix de 125.200,00 euros.

Approbation à l'unanimité.

8.17.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Francisco Da Silva Carvalho Leite et Madame Audrey Frendo - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain d'une contenance de 4,08 ares se fait au prix de 163.200,00 euros.

Approbation à l'unanimité.

8.18.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Alen Skenderovic et Madame Mirela Avdic - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain d'une contenance de 3,09 ares se fait au prix de 123.600,00 euros.

Approbation à l'unanimité.

8.19.

Propriétés.

Compromis concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit « Am Aker » à Monsieur Senid Destani et Madame Samila Rizvani – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain d'une contenance de 2,96 ares se fait au prix de 118.400,00 euros.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech wollt froen, wéi wäit mer mam Verkaf vun den Terrainen am Lotissement Atzéngen sinn. Hu mer d'Compromisen elo all gemaach oder sinn nach Terraine fräi?

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

D'Compromise sinn nach net all duerch, mä fir de Moment sinn eng 33 oder 34 Compromisen ënnerschriwwen. An de Rescht si reservéiert Terrainen. Elo hänkt et natierlech of, ob d'Leit alleguerten e Prêt vun der Bank kréien. Dat hu mer als Konditioun gesat. Wann déi alleguerten e Prêt kréien, da wäerte bis Enn vum Joer d'Compromisen alleguerten duerch sinn. Et kann awer och sinn, datt deen een oder aneren de Prêt net kritt, an da musse mer nach 1, 2 Keefer sichen. Mä si stinn an der Rei an et ass kee Problem fir déi Vente bis zum Schluss vum Joer ze realiséieren.

Approbation à l'unanimité.

8.20.

Propriétés.

Acte concernant l'acquisition gratuite d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «Avenue Docteur Gaasch» de la part de la société anonyme Constropi S. A. - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

L'acquisition du terrain d'une contenance de 26 centiares se fait gratuitement.

Approbation à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.21.

Propriétés.

Acte concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Guy Schrank et Madame Nadine Berens - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain d'une contenance de 4,16 ares se fait au prix de 166.400,00 euros.

Approbation à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.22.

Propriétés.

Acte concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Alain Schrank et Madame Jennifer Torzoni - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain d'une contenance de 4,26 ares se fait au prix de 170.400,00 euros.

Approbation à l'unanimité. M. Breyer, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

8.23.

Propriétés.

Acte concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Dzevad Rastoder et Madame Edita Kocan - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain d'une contenance de 2,88 ares se fait au prix de 115.200,00 euros.

Approbation à l'unanimité.

8.24.

Propriétés.

Acte concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, au lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Hilmo Ceman et Madame Enisa Kocan - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain d'une contenance de 3,14 ares se fait au prix de 125.600,00 euros.

Approbation à l'unanimité.

8.25.

Propriétés.

Acte concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, au lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Norberto Dinis Da Silva et Madame Angela Peixoto Povoa Dinis - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain d'une contenance de 4,54 ares se fait au prix de 181.600,00 euros.

Approbation à l'unanimité.

8.26.

Propriétés.

Acte concernant la vente d'un terrain sis à Lamadelaine, au lieu-dit «Am Aker» à Monsieur Antonio Antunes Dias et Madame Célia Pereira Machado Antunes - approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

La vente du terrain d'une contenance de 4,14 ares se fait au prix de 165.600,00 euros.

Approbation à l'unanimité.

9.1.

Affaires sociales.

Aide aux victimes des inondations en Sierra Leone – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité de verser à la Croix-Rouge une aide financière de 2.500 euros. Mme Bouché-Berens, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.2.

Affaires sociales.

Convention avec «BDK.LU» pour l'organisation des activités de loisirs pour l'année 2018 - approbation.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Hei geet et ëm eng Konventioun, déi all Joer praktesch erëm kënnt, mat der Associatioun BDK.LU. Déi organiséiert Fräizäitaktivitéiten, haaptsächlech Sportsaktivitéiten, während de Vakanzen. Si engagéiert sech och dat op professioneller Basis ze maachen, an zwar haaptsächlech fir Kanner vun 3 bis 15 Joer, an dat an der Fuesvakanz, an der Ouschtervakanz an an der grousser Vakanz, awer dat an der grousser Vakanz eréischt, wann eis Aktivitéiten eriwwer sinn.

D'Aktivitéite sinn och payant, an zwar 60 Euro pro Woch fir eis Residenten a 85 Euro d'Woch fir Non-Residenten, déi aus anere Gemenge kommen. D'Participation financière ass deen eenzege Profit vun der Societéit BDK.LU. Mir engagéieren eis, fir hinnen haaptsächlech eise Fussballsterrain zu Rodange zu Verfügung ze stellen, esou wéi d'Sportshal, wa schlecht Wieder wier, fir datt se do kënnen eragoe fir hir Aktivitéiten ze maachen.

Mir haten déi lescht Jore gutt Erfarunge mat där doten ASBL. Si maachen hir Saach ganz gutt. Mir hunn natierlech och de Contrôle doriwwer. Et gi Kontrolle gemaach ier se an eis Strukturen eraginn an och duerno, wann d'Aktivitéiten eriwwer sinn. An et ass bis elo zur vollster Zefriddenheet bei eis an der Gemeng ofgelaf.

Arendt Patrick (CSV):

Ech wollt bei deem heite Punkt just froen, ob eng Statistik virläit. Wéi der scho richteg gesot hutt, bezuelen eis Matbierger 60 Euro pro Woch, a fir déi aner Leit, déi ausserhalb vun der Gemeng kommen, gi 85 Euro gefrot. Mir sourcen dat Ganzt jo u sech e bëssen aus. An do ginn et sécherlech positiv Effekter, firwat mer dat maachen. Trotzdeem hunn ech d'Fro un de Schäfferot, ob mer net d'Méiglechkeet oder Bedenken do war, fir dat Ganzt vläicht emol iwwert eis lafen ze loossen. Ech mengen dat hätt ee wesentleche Virdeel, an dat wier, datt mer kéinte méi Studente bei eis während deene Méint astellen. Natierlech hätte mer och méi Responsabilitéit ze droen. Do misst dann natierlech e Konzept ausgeschafft ginn an do missten natierlech och déi Leit oder Studenten, déi weider an den Asaz kommen, och eng Formatioun ugebuede kréien. Et war u sech just eng Fro, well ech weess, datt dat heiten och machbar ass an aner Gemengen, well ech jo selwer an deem Beräich schaffen.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Wéi vill Kanner elo aus eiser Gemeng an aus anere Gemenge kommen, kann ech iech de Moment net soen, mä dat kënne mer awer nofroen an da kritt der dat schréftlech matgedeelt. Vun der Statistik wësse mer awer, datt tëscht 25 an 45 Kanner reegelméisseg deelhuelen, heiansdo och nach méi. Dat hänkt ëmmer dovunner of – haaptsächlech an der grousser Vakanz – wéi vill Kanner nach hei op der Plaz sinn.

Op d'Fro, firwat mir als Gemeng d'Organisatioun vun deenen Aktivitéiten net selwer iwwerhuelen, esou ass jo allgemeng bekannt, datt mir d'Vakanzaktioun mat eise Maisons Relaisen hei bei eis an der Gemeng organiséieren, wou mer während deenen 8 bis 10 Deeg, wou d'Kanner do betreit a beschäftegt ginn, iwwer 4 Leit am Joer dorunner schaffen hunn, en plus nach eng Damm, déi hei uewe bei eis an de Büroen dat Ganzt koordinéiert, a mer tëscht 70 an 80 Studenten ëmmer astellen an déi och nach ëmmer an den SNJ schécke fir dass se eis kënnen deen néidegen Zertifikat kënne brénge fir iwwerhaapt do kënnen déi Kanner ze betreien.

Meng Meenung ass awer elo déi hei. Als Gemeng kann een a soll een och net alles selwer maachen, wann ee schonn deen Opwand gesäit, deen een huet fir déi Vakanzaktioun ze organiséieren. Well mer jo hei eng Associatioun hunn, déi onofhängeg ass an déi och dovunner lieft, a mir wëlle jo och eis Independanten e wéineg ënnerstëtzen, déi nach esou Iddien hunn an op dee Wee wëlle goe fir esou Responsabilitéiten op sech ze huele fir esou Organisatiounen ze maachen – well mir jo ganz genee wëssen, wéi vill datt dat mat sech bréngt – dofir solle mir déi Leit och ënnerstëtzen. Déi hei maachen dat elo ganz gutt. Si hunn dat bis elo gutt gemaach a mir wëlle jo och op en neie Wee goen an eise Commerce hei ënnerstëtzen. Well dat hei ass jo och an deem Sënn e Commerce, ausser datt se mat Kanner schaffen. An dofir ass dat schonn e gudde Wee a mir sollen op jiddwer Fall dobäi bleiwen, datt mir eis Vakanzaktioun organiséieren an déi heite Firma déi Aktivitéite während deene klenge Vakanzen organiséiere loossen. Stellt iech emol vir, wat mir fir een Opwand hätten am Joer, a mer géife mat deem Personal, wat mer de Moment zur Verfügung hunn, och net duerkommen.

An da weess een och net, ob mer d'Méiglechkeeten hätten – grad an deene klenge Vakanzen – esouvill Studenten erbäi ze kréie wéi der do gefuerdert sinn. A well déi heiten Associatioun jo doranner ganz professionell ass, weess si jo och ganz genee, wou se hir Studenten hir kritt a wéi se dat Ganzt organiséiert.

Goergen Marc (Piratepartei):

Ech kann dem Här Arendt nëmme Recht ginn a mir vertrieden och déi Meenung, dass d'Gemeng dat dote kéint selwer maachen. Ech war e bësse virwëtzeg an ech hu mer déi ganz Firma emol e bëssen ugekuckt. Et ass esou, datt dat eng belsch Firma ass, déi hei – wéi et schéngt – eng Boîte

gemaach huet. Zwar d'Statute fir d'lescht 2006 publizéiert huet. An dir hutt elo grad vun den Independante geschwat. Ma et sinn 3 an der Belsch gemellte Matbierger, déi iwwert déi Boîte dann hei zu Péiteng deementspriechend d'Gemengen démarchéieren.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dat ass awer eng Firma, déi awer hei en Nummer fir den Enregistrement huet. Well soss géif se hei net schaffen. Wa mir awer elo géifen higoen an all Boîtë bei eis an der Gemeng kucken, an all Commerçant op d'Fangere géife kucken, déi hei schaffen an déi am Ausland fabrizéiere loossen, oder Gott weess wat maache loossen, da mengen ech, dann hätte mer der net méi vill hei. A mir wëlle jo och iwwer d'Grenzen eraus schaffen, mir wëlle mat der Groussregioun zesumme schaffen, an ech mengen, da solle mer dat och an deem dote Kontext gesinn. Well wa mir bei eis keng Leit hunn, déi dat dote wëlle maachen, da solle mer eis glécklech fillen, wa mer iwwerhaapt Associatioune fannen, déi sech eise Kanner unhuelen. Well et ass jo och gewosst, datt d'Elteren net ëmmer déi Vakanzen hunn ewéi d'Kanner, an datt se ganz frou sinn, wa während de Vakanzen hir Kanner ënnerdaach sinn.

Mir wëssen, datt déi Associatioun nach aner Aktivitéite maachen, mä déi maachen dat regulär, si sinn hei gemellt, si bezuelen dann och hiren Obolus hei u Steieren an un allem, wat hei ze versteieren ass. An ech mengen, da brauche mir deene Leit och keng Steng an de Wee ze leeën. A bis elo ass et gutt esou gaangen an da wëlle mer dat och esou weiderféieren.

Approbation par 15 voix 'Oui' et 2 voix 'Non' (Piratepartei).

9.3.

Affaires sociales.

Décompte concernant l'extension d'une salle de détente dans la Maison Relais de Pétange – approbation.

Explications par Mme Raymonde Conter-Klein, échevine.

Total du devis approuvé:	*120.000,00 €*
Total du crédit approuvé:	*120.000,00 €*
Total de la dépense:	*102.752,74 €*

Arendt Patrick (CSV):

Eng Salle de détente ass eppes ganz Wichteges, genau esou wéi eng Salle de défoullement. Wéi ech virdru scho gesot hunn, schaffen ech an deem Beräich an ech weess, datt dat extrem wichteg ass an deem heite Beräich. D'Raimlechkeete mussen deementspriechend ausgesinn. An dofir wollt ech just wëssen – ech war nach net an deem neie Sall – wéi d'Beliichtung do ausgesäit an ob een déi och kann dimmen. Well wann een am Snoozelraum sëtzt, dann ass et och ganz wichteg, datt ee mat der Beliichtung ka schaffe fir esou och dee Moment déi Emotiounen eranzekréien.

Dann hunn ech am Dekont gesinn, datt eng 'installation d'un détecteur de fumée' dra steet. An do wëll ech och gären de Respekt ausschwätzen. Mä ech muss awer do nach eng Kéier op d'Diskussioun zeréckkomme vun 'détecteurs de monoxide de carbone', wou ech schonn e puermol hei am Gemengerot gesot hunn, datt dee Gas gerochslos a geschmackslos ass an zimlech geféierlech ass, wann et einfach esou austrëtt. An dat kënnt iwwert d'Heizungsanlagen. An ech hat och schonn deemools drop higewisen, datt et wichteg ass. Ech mengen, et ass kee groussen Invest, mä et ass eng riseg Hëllefsstellung, well mer hei einfach och bei Kanner sinn. An dowéinst hätt ech mech och erfreet gesinn, wann dat och an deem Acte hei dra gewiescht wier.

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Déi Raimlechkeete sinn natierlech gedimmt. Déi sinn esou ausgeriicht, och mat extraem Material, wou d'Kanner sech a kënne leeën a kënnen erëm zeréckfannen a berouegt ginn. Datt ass esou och an der Rei.

Wann ech elo op Är Fro vum Kuelestoffmonoxid zeréckkommen, da muss ech awer soen, datt dee Snoozelraum – genee wéi eis ganz Maison Relais – en Agreement huet. Si ass vu Luxcontrol a vun der ITM ofgeholl, esou datt mer do och 'en règle' sinn. Ech mengen, datt ass vläicht eng Saach, déi an Ären Ae vläicht wichteg schéngt, si kann et och vläicht sinn, mä op jiddwer Fall eis Maison Relais ass no deenen Oploen, déi mir esou hunn, 'en règle', well soss hätte mer déi dote Salle de détente net ugeholl kritt a mir hätten och net kënne mat de Kanner doranner schaffen.

Gira Carlo (CSV):

Mir schaffe jo u sech an de Maisons Relaisen no deene selwechte Prinzipien, dat heescht, mat deene selwechte Methoden. Wann ech elo kucken, Rodange huet jo awer aner Raim oder aner Méiglechkeete fir sech ze defouléieren, respektiv fir do ze fuerschen, an esou weider. Wéi ass et elo mat Péiteng? Si mir elo do genuch ausgerüst oder musse mer do nach ëmbauen?

Conter-Klein Raymonde, Schäffen:

Dat dote ass e wéineg e wonne Punkt, deen der do uschwätzt, well mat deem groussen Haus vu Péiteng ware mer deemools esou just – wéi ee seet – fäerdeg gi mat bauen ier dat neit Konzept komm ass. Rodange, mat de Bujellien, ass elo no deem neie Konzept amenagéiert ginn, esou datt natierlech och d'Dachse vun der Bich do kënnen eragoen an dovunner kënne profitéieren. Wa mer elo dat neit Haus zu Lamadelaine bauen, da wäerte mer selbstverständlech op de Wee goe fir et an deem Kontext ze baue wéi d'Bujellien. Wat elo Péiteng ubelaangt, esou wäerte mer am nächste 'plan pluriannuel' eis emol mussen ausschwätze fir ze kucken, wat fir Méiglechkeeten datt mer hunn. Well effektiv an deem ganz groussen Haus feelen déi dote Begebenheeten. A well mer jo och ëmmer mussen op d'Inclusioun eragoen an och schonn de Moment méi Kanner 'à besoins spécifiques' hunn, ware mer schonn op dee Wee gaange fir déi dote Salle de détente scho bäizebauen. Wat natierlech feelt, datt sinn – esou wéi Dir et sot – eng richteg flott Salle de défoulement – am Genre, wéi dat bei de Bujellien ass – a mir hunn och kee richtege Sall, wou d'Kanner kënne fuerschen. Mir hunn awer bannen op deenen eenzele Stäck scho Modifikatioune virgeholl. Et ass natierlech net ganz méiglech an deem dote Bau, dee gebaut war. Wier de Bau elo e Joer méi spéit gewiescht, dann hätte mer kënnen no deem neie Konzept bauen. Mä gutt, dat Konzept koum ee Joer méi spéit. Mä Méiglechkeete bestinn, mir mussen eis se just duerno gi fir ëmzebauen.

Approbation à l'unanimité.

10.

Culture.

Convention avec l'Etat luxembourgeois concernant l'aménagement d'un espace muséologique dans la Maison Rouge sise à Pétange, rue de l'Eglise n° 70 – décision.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Da komme mer zu enger Konventioun, déi mer mam Kulturministère maachen, en vue vun engem Subsid, dee mer ugefrot hunn am Kader vum Musée am Rouden Haus. Dat war eng laangwiereg Geschicht. An der Tëschenzäit hu mer awer

den Accord krut. Mëttlerweil muss een awer – wann ee gären esou ee Subsid hätt – och mam Staat eng Konventioun ofschléissen. Hei läit elo déi Konventioun vir, déi eis d'Méiglechkeet gëtt fir 54.150 Euro als Subsid vum Kulturministère fir dëse Projet ze kréien.

Brecht Guy (LSAP):

Wéi elo déi grouss Porte ouverte war, war ech natierlech ganz interesséiert, fir de Musée 9.44 kucken ze goen. Meng perséinlech Meenung ass, datt déi Manéier, wéi de Film projezéiert gëtt, e bëssen onglécklech ass, déi Form, wéi dat do projezéiert gëtt. Ech war schonn an e puer där Muséeën an der Normandie, an do leeft dat iwwert eng ganz Mauer, esouguer heiansdo an 3D. Dat war vläicht ze vill kostspilleg fir dat hei ze maachen. Mä op jiddwer Fall ass et fir mech e bëssen onglécklech. Et mécht ee sech schéi midd fir dat do ze kucken, well dat deelweis iwwert de Buedem leeft an iwwert d'Mauer, an esou virun. Wat ech zur Zefriddenheet ka soen, dat ass, datt dee Film iwwert d'Péiteng Besetzung ganz gutt war an dofir meng zweet Fro, wier et méiglech, esou e Film och zum Verkaf ze ginn? Esou wéi de Syndicat d'initiative et emol proposéiert huet fir esou Saachen de Leit ze verkafen, an esou ee Film wierklech an d'Vente ze ginn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Wat déi Saach mat der Technik ubelaangt, déi Dir ugeschwat hutt, esou si mer do nach am Gaangen drun ze schaffen. Do sinn d'Suen nach net alleguerte gebraucht. Ech hunn am Budget gesinn, datt do nach Zommen opstinn. Déi Diskussioun ass gefouert ginn. Mir mussen awer wëssen, datt mer do ënnert dem Daach sinn. Deen Daach ass schif, et ass e bëssen eng speziell Konstruktioun. Fir do eng riicht Wand ze fannen, wou ee kann eppes projezéieren, dat ass net esou evident. Wann een dat wëll riicht maachen, da geet alt erëm eng Kéier Plaz verluer op där klenger Surface, déi een do zur Verfügung huet. Mä ech mengen, mir sinn nach am gaangen dorunner ze kucken, wat mer nach vläicht kënnen an deem dote Kontext verbesseren.

Wat déi Filmer ubelaangt, esou muss ee kucken, mat deene Proprietären, deenen déi Filmer gehéieren, ob dat méiglech ass. Do kann een natierlech esou eppes wéi dat doten envisagéieren, mä et muss een awer kucken, wien d'Rechter vun deem Film huet an ob dee bereet ass fir mat op deen dote Wee ze goen.

Brecht Guy (LSAP):

Dee Film ass esou an dräi Deeler gemaach an do ass eng Mauer, déi ass riicht an déi aner geet e bëssen ëm den Eck. Ech hu mer dat ugekuckt, an do bräicht een net vill drun ze hänken. Bon, dir kënnt iech et jo emol iwwerleeën.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir kucken eis dat emol un a schwätze mat den Techniker. An da kucke mer emol, wat mer do nach kënne maachen.

Accord à l'unanimité. Mme Conter-Klein, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

11.

Ordre public.

Demande de l'association «KAGEPE asbl» pour une action de vente de porte à porte dans la Commune à partir du 1er décembre 2017 – décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

12.1.

Voirie vicinale.

Décompte concernant les mesures d'apaisement du trafic et l'exécution des zones 30 km/h et des zones résidentielles – approbation.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Total du devis approuvé:	*340.000,00 €*
Total du crédit approuvé:	*339.428,86 €*
Total de la dépense:	*339.154,81 €*

Scheuer Romain (déi gréng):

Mir ware jo och fir eng Zone 30 a fir eng Zone résidentiel, mä ech hätt awer eng Fro dozou. Ech ginn ëfters drop ugeschwat, wéi mir dat kontrolléieren? Mir hunn och 2 Smiley-Apparater fir ze weisen, wéi séier een do fiert. Si stinn ëmmer op där selwechter Plaz. Deen ee geet net méi. Do kéint ee vläicht emol eppes änneren oder déi emol réckelen, fir datt och emol an anere Stroosse mat deene Panneauen drop higewise gëtt, wéi séier datt se géife fueren. Well déi Zone 30 gëtt jo iergendwéi och net richteg kontrolléiert. Wann ee kuckt, d'Leit hale sech och net drun, an de Citéë gesäit een, datt se och derduerch rennen. Wéi maache mer do Kontrollen? Ech sinn dat och scho gefrot ginn, wéi mer iwwerhaapt do Kontrolle maachen an där Zone 30.

An de Zones résidentielles ass et dat selwecht. Hu mer iwwerhaapt genuch Pecherte fir dat ze kontrolléieren oder ass schonn driwwer nogeduecht gi fir nach Pecherten anzestellen, fir datt mer dat iergendwéi an de Grëff kréien? Well et fält engem och op, datt d'Pecherten deelweis ëmmer duerch déi selwecht Quartiere ginn. Mir haten do zwar eng Kéier gesot kritt, datt se e System an deene Ronnen hätten. Mä ech hunn awer an der lescht gemierkt – haaptsächlech am Garer Quartier – datt Protokoller gemaach ginn. An och, wou ech gesot kritt hunn, um Plateau do uewen, do kéinte mer vläicht eng Kéier an enger nächster Verkéierskommissioun driwwer schwätzen. Do wier nach eng Méiglechkeet, fir Plazen anzezeechnen. Déi Leit kréien all Dag e Protokoll do, obscho se net hënneren. Mä dat ass eng aner Saach, op déi een eng Kéier kéint an der Verkéierskommissioun drop zréckkomme fir ze kucken, wéi mer dat kéinte maachen. Et sinn zwar nëmme 6 Plazen, mä et sinn der awer 6 déi feelen. Mir hunn der souwisou net genuch an der ganzer Gemeng.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

D'Problematik mat der Zone 30 ass an eiser Gemeng ewéi an deenen aneren 105 Gemengen. Op där enger Säit kann een d'Leit responsabiliséieren andeem een hinnen effektiv e Schëld dohinner setzt, hinnen e Radar dohinner setzt, deen hinne weist mat wéivill datt se kommen. Do sinn déi eng, déi hale sech drun, an déi aner net. Effektiv ass et bei eis esou wéi bei deenen aneren och, datt, wann een dat ka kontrolléieren, dann ass dat Polizei. Mir wäerten déi Diskussioun vun haut dann notze fir bei der éischter Reunioun, déi mer mat der Polizei hunn, de Point mat hinnen ze maachen. An do wäerte mer hinne soen, datt dee Wonsch hei am Gemengerot ausgedréckt ginn ass, fir effektiv dat ze iwwerwaachen. Et muss een natierlech wëssen, datt eis Polizei vill Aarbecht huet a se e Choix musse maachen. Si maachen och där Kontrollen hei an der Gemeng. Ganz oft maachen se zum Beispill Kontrollen an der Lëtzebuerger Strooss zu Lamadelaine, wann een do laanscht d'Eisebunn fiert, an och soss op Plazen. Mä mir kënnen hinnen awer dee Wonsch vum Gemengerot nach eng Kéier matdeelen, datt se dat solle maachen.

Do kënne mer d'Rad och net nei erfannen. Et muss ee mat deem eens gi wat mer hunn.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech ginn iech Recht, datt se Kontrolle maachen. Mä fir nach eng Kéier op d'Smiley-Panneauen zeréckzekommen. Deen een, dee steet an der Korstrooss, do kënnt scho gläich Gréngespoun drun, esou laang steet deen do. An deen anere steet bei der Sportshal an dee geet schonn 2 Méint net méi. Et ass e bëssen traureg, Ech hunn deemools gesot kritt, mir kéinten deen net deplacéiere well mer kee Chauffeur hätten. Mä et géif awer Zäit ginn, datt mer deen eng Kéier géifen deplacéieren. Well mir hu jo awer eng grouss Gemeng, an do wiere vill Méiglechkeete fir deen emol ze versetzen, wann dat méiglech wier. Ech wier frou, wann dat géif gemaach ginn.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Ech këmmere mech dorëmmer.

Zu de Pecherten, do kann ech iech soen, datt mer emol ofwaarden, wat an der Chamber geschitt. Do läit jo e Gesetzesprojet vir, an dee soll eise Pecherten nei Kompetenze ginn. An en Vue dovunner kucke mer dann, wéi mer eis positionéieren a wéi fern mer mussen a kënnen a sollen eis Leit ausschaffen. Mä fir de Moment ass et an deem Sënn e Status Quo. Mir waarden of, wat do kënnt an da reagéiere mer.

Approbation à l'unanimité.

12.2.

Voirie vicinale.

Décompte concernant la fourniture et la pose d'éléments d'illumination pour les passages pour piétons - approbation.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Total du devis approuvé:	*0,00 €*
Total du crédit approuvé:	*34.122,90 €*
Total de la dépense:	*30.827,70 €*

Bouché-Berens Marie-Louise (DP):

Wann d'Foussgängeriwwergäng scho gutt beliicht ginn, ginn dann och d'Trottoiren erofgesat, fir datt besonnesch d'Leit mat de Rollatoren och gutt erofkommen? Well et ginn nach vill Zebrasträifen, wou dat nach net de Fall ass.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Dat ass och virgesinn. Dat steet elo net expressis verbis hei mat dran. Och déi Oploe vun der Adapt versiche mer mat anzebaue bei esou Saachen.

Approbation à l'unanimité.

12.3.

Voirie vicinale.

Décompte concernant l'étude pour la sécurisation de la circulation autour des sites scolaires de la commune - approbation.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Total du devis approuvé:	*30.000,00 €*
Total du crédit approuvé:	*51.714,35 €*
Total de la dépense:	*48.492,81 €*

Scheuer Romain (déi gréng):

Et deet mer leed, datt ech den Här Halsdorf haut scho belästegen, mä et ass awer esou. De Verkéier ass scho wichteg bei eis an der Gemeng an ech géif mengen, mir hu bei de Schoulen elo déi Knuppen do gemaach, déi Hindernisser fir datt d'Leit net esou séier solle fueren. Ech wier frou gewiescht, wa mer dat an der Verkéierskommissioun gesot kritt hätten. Well eng Woch virun de Walen hate mer just en Divers op der Dagesuerdnung stoen an eng Woch duerno hu se déi Knuppe gemaach, just virun de Walen. Ech huelen un, datt d'Servicer dat scho woussten, wou mer d'Verkéierskommissioun haten, mä mir hate just 'Divers' drop stoen. Dat ass schonn traureg. Dat ass elo net Är Schold, well Dir waart dunn nach net dobäi, mä et wier net schlecht, wann esou Saachen deemnächst an der Verkéierskommissioun géife matgedeelt ginn.

Ech weess och net, ob déi Knuppen elo ganz glécklech sinn. Et bremst zwar of, mä ech hunn och elo zu Rolleng gesinn, tëscht der rue du Vieux Moulin an der rue Tëtelbierg hu se der och gemaach. Do ass d'Strooss zimlech schmuel a wa se do eropfueren an et ass glat, da weess ech net op dat riicht ausgeet a se net duerno am Gruef landen. Mir kéinten eis eng Kéier iwwerleeën, wéi mer déi Strooss kéinten aneschters berouegen an d'Leit duerch de Verkéier leeden. Well do ass eng Kéier gesot ginn – zur fréierer Zäit, wou den Här Breyer nach do war – datt mer déi Strooss géifen aneschters maache wann déi Cité géif kommen. Dat ass leider net geschitt. D'Cité ass elo schonn am gaangen, mä do ass näischt gemaach ginn ausser déi Knuppen, déi do gemaach si ginn. D'Beliichtung ass jo gutt, mä et misst ee kucken, wéi een déi Strooss duerno aneschters kéint maachen, fir datt mer och net Problemer mat de Foussgänger hunn. Well d'Strooss ass net ganz breet. Dir kennt jo och d'Situatioun.

Maache mer där Knuppen nach méi an der Gemeng?

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Ech weess Folgendes. Et gëtt Knuppen-Géigner an et gëtt Knuppen-Befürworter. Et ass nun eben emol esou. Déi eng fannen et gutt an déi aner fannen et net gutt. An dat wäert sech och ni änneren. Ech wäert mech deene Remarken an Doleancen, déi der elo hei bruecht hutt, unhuelen. Ech wäert bei mengem Kolleg Roland Breyer nach eng Kéier kuerz Récksprooch huelen, wat do genee gemengt ass an da kucke mer, wat mer maachen.

Eis Ekipp huet hei an der Gemeng eng gutt Politik an deem Beräich an deene leschte Jore gemaach, eng konsequent Politik, an ech gesinn och de Moment kee Grond, fir déi ze änneren. Dofir, wann der mer d'Fro stellt, ob mer nach méi där Knuppe maachen, da ginn ech dovunner aus, datt mer nach weider Knuppe maachen, an datt et ëmmer esou wäert sinn, datt déi eng dofir sinn an déi aner dergéint.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hunn net gesot, datt ech géint déi Knuppe sinn. Ech wollt just soen, datt mer dat an der Verkéierskommissioun hätte kéinte gesot kréien. Dat war déi éischt Saach.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Do sinn ech averstane mat Iech.

Scheuer Romain (déi gréng):

Jo, well et ass just gemaach ginn e puer Deeg, nodeems mer eng Verkéierskommissioun haten. An 2 Deeg virun de Walen ass dat virun de Schoule gemaach ginn, a wou ech gesot kritt hunn, ob dat elo just wéinst de Walen ass, datt se dat maachen. Dat ass elo kee Virworf, datt dat elo gemaach gëtt. Wat mech e bësse méi stéiert, dat ass tëscht der rue du Vieux Moulin an dem Tëtelbierg. Dat misst der eng Kéier kucken. Oder mir maachen am Wanter d'Strooss ganz zou, esou wéi mer dat och schonn emol gemaach hunn, wann et glat ass, esou datt keen do erop fiert.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Här Scheuer, wien ass Äre President vun der Verkéierskommissioun?

Scheuer Romain (déi gréng):

Mäi President sëtzt hei am Sall. Ech hunn och schonn oft mam Här Stoffel doriwwer geschwat – fir net den Numm ze nennen – mä hien ass net eleng zoustänneg dofir. Hien ass de President, mä et sinn och nach Leit do, déi iwwert dem Här Stoffel stinn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech sinn iwwerzeegt, datt et an Zukunft nach besser geet.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech soen Iech Merci.

Approbation à l'unanimité.

12.4.

Voirie vicinale.

Décompte concernant la réalisation de l'interconnexion par fibre optique des sites communaux (3e phase) - approbation.

Total du devis approuvé:	*50.000,00 €*
Total du crédit approuvé:	*50.000,00 €*
Total de la dépense:	*49.999,99 €*

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Hei féiere mer eng Initiativ weider, déi geholl ginn ass säit 2016, fir eis Gebailechkeete vun der Gemeng iwwer Glasfaser mateneen ze verbannen. Mir sinn am 21. Joerhonnert ukomm, an enger digitaliséierter Welt. De Rifkin ass jo e Wuert, dat jidderee kennt, a wann ee wëll d'Digitaliséierung maachen, da muss ee sech d'Mëttele ginn. An d'Glasfaser kann esou ee Mëttel sinn, net nëmmen e Moyen, fir méi séier mateneen ze kommunizéieren, mä och e Moyen fir aner Mëttelen ze kréie fir de Leit kënne matzedeelen, wat geschitt. An dofir fuere mer op där Schinn weider.

Hei hu mer elo en éischten Dekont vun deenen Aarbechte virleien an déi Ekipp hei fiert weider mat der Digitalisatioun iwwer Glasfaser.

Gira Carlo (CSV):

Här Halsdorf, Dir sidd elo nach nei an deem Métier. Ech wollt just mat op de Wee ginn, datt bei deem Dekont hei zum Beispill d'Villa Bambi do dra steet, an ech weess och zum Beispill bei der Maison des Jeunes. Do misste mer awer vläicht eng Kéier d'Postkutsch an den Eck stellen a kucken, datt mer net zweegleiseg fueren, mä dann iwwert déi heite Schinn fueren an déi Linnen, déi mer nach iwwert d'Post lafen hunn, ofmellen.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Dat maach vläicht sinn. Mä wat ech gelies hunn, dat ass, datt de Presbytère vu Lamadelaine, d'Villa Bambi, d'Maison Relais Rodange, d'Dachse vun der Bich an den Titus Terrain vu Lamadelaine, vun der Eltrona Diffusion ugeschloss si ginn an eng Fibre optique hunn. Dat schéngt mer esou ze sinn.

Gira Carlo (CSV):

Dat mécht awer elo kee Sënn méi fir och nach gläichzäiteg iwwer d'Post ze fueren, well se eben un all eis Gebaier ugeschloss sinn.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Dat ass richteg.

Gira Carlo (CSV):

Wann dat esou ass, da muss een dat kontrolléieren an an d'Rei setzen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir sinn an där Saach um Ball an do ass nach eng kleng Aarbecht fir d'Sécherheet ze maachen.

Approbation à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

12.5.

Voirie vicinale.

Décompte concernant la mise en peinture des accès au passage souterrain de la gare de Pétange - approbation.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Total du devis approuvé:	*33.000,00 €*
Total du crédit approuvé:	*33.000,00 €*
Total de la dépense:	*31.965,92 €*

Approbation à l'unanimité. M. Brecht, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

12.6.

Voirie vicinale.

Décompte concernant la mise en souterrain des réseaux dans une partie de la rue du Clopp à Rodange (phase 3) - approbation.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Total du devis approuvé:	*420.000,00 €*
Total du crédit approuvé:	*350.000,00 €*
Total de la dépense:	*304.330,33 €*

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Déi Aarbechte si jo scho laang gemaach ginn. Ech sinn dann awer elo frou, datt d'Post dann endlech hire Rouleau aus dem Bësch erausgeholl huet. Well ech hat gemengt, dat géif e Monument am Bësch ginn. Mir hunn zéch mol reklaméiert, mä et ass elo zanter 3 bis 4 Woche verschwonnen, esou datt een de Bësch erëm gesäit an net, datt op eemol d'Kabeltrommel zougewues wier.

Birtz Gaby (LSAP):

Am Kader vun der rue du Clopp wollt ech soen, datt mer d'Strooss jo och nei gemaach kritt haten. Do hu mer awer vun der rue du Clopp erof an d'rue Schio e relativ grousst Lach, wat mer awer vläicht eng Kéier misste kucke fir ze flécken. Wann iwwert de Wanter nach vill Autoen doduerch fueren, an de Frascht kënnt dran, da fäerten ech ganz, dann hu mer bei där Strooss do – déi mer eréischt frësch gemaach hu mat deenen heite Saachen alleguerten zesummen – schonn erëm de Problem, datt dat éischt grousst Lach do ass ier d'Strooss am Fong geholl e bësse konnt benotzt ginn.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Mir wäerten duerno kucken.

Approbation à l'unanimité. MM. Becker et Brecht, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

12.7.

Voirie vicinale.

Décompte concernant le reprofilage et le renouvellement de la couche de roulement de diverses rues - approbation.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Total du devis approuvé:	*450.000,00 €*
Total du crédit approuvé:	*450.000,00 €*
Total de la dépense:	*393.632,00 €*

Conzemius-Holcher Josette (CSV):

Ech wollt just soen, datt – wann een de Clopp eroffiert – do nach e Stéck vum Clopp ze maachen ass. Dat ass deemools net ganz gemaach gi well do nach Residenzen opgeriicht ginn. Mä do ass awer e risegt Lach a wann do een dran trëllt, da kréie mer awer e klenge Problem. Ech hat do scho reklaméiert, mä et ass awer bis elo nach näischt geschitt.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Mir huelen dat zur Kenntnis a kucke wat mer do kënne maachen.

Approbation à l'unanimité. MM. Becker et Brecht, ayant quitté la salle, n'ont pas pris part au vote.

12.8.

Voirie vicinale.

Crédit spécial au montant de 30.000 euros concernant le renouvellement des infrastructures dans la rue Adolphe à Pétange - décision.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Hei geet et drëm, fir Aarbechten an der Rue Adolphe zu Péiteng ze maachen, déi wierklech noutwenneg si well d'Infrastrukturen do net an engem ganz gudden Zoustand sinn. D'Geleeënheet ass déi, well hei de Sudgaz Aarbechte wëll maachen, an elo geet et drëm fir dat Ganzt ze organiséieren. An dofir brauche mer e Spezialkredit vun 30.000 Euro, fir datt e Büro déi Saache kann am Detail kucke fir d'Infrastrukturen an der Adolphe-Strooss zu Péiteng frësch ze maachen.

Scheuer Romain (déi gréng):

D'Strooss ass jo momentan schonn zou wéinst engem Schantjen. Kann een net uewen um Plateau eppes virgesinn, wou déi Leit, déi do wunnen, kënne parke goen? Well wann d'Adolphe Strooss och elo nach zou ass fir ze parken a si rappen do alles op, an d'Leit komme schonn net eran an et ass net vill Plaz do fir ze parken, kann een do net mat den CFL en Arrangement maache fir datt si uewen en Eck fir sech kréie fir ze parken? Wéinstens fir dee Moment wou de Schantjen do ass. Well dat wäert jo méi wéi ee Joer daueren an dat gëtt jo soss eng Katastroph.

Halsdorf Jean-Marie, Schäffen:

Et kann een ëmmer froe wat méiglech ass.

Approbation à l'unanimité. M. Becker, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

13.1.

Environnement.

Programme d'action annuel pour l'exercice 2018 du syndicat Sicona – décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

Mir hunn de Programme d'action fir den Exercice 2018 vum Sicona virleien. Do handelt et sech u sech ëm de Budget. Déi eng Kéier hu mer e 'projet de budget ordinaire', wou mer 90.606 Euro drastoen hätten, wou dann awer 'à charge' vum Gemengebudget 2018 55.000 Euro géingen drastoe kommen.

Beim 'projet de budget extraordinaire' hu mer 10.506 Euro virgesinn, fir déi Aarbechten do duerch de Sicona duerchféieren ze loossen.

Arendt Patrick (CSV):

Ech hu mer dat ganz genee ugekuckt an ënnerstëtzen a ganzer Linn mat menger Stëmm dës Mesuren. Besonnesch d'Ofgrasen op natierlech Aart a Weis duerch d'Schof fannen ech eng genial Method. Do hunn ech awer eng ganz konkret Fro. Mir haten, oder ech hunn emol selwer matkrut, datt mer dat zu Rolleng gemaach hunn, awer och hei uewen um Hierschtbierg, an zwar d'Méinen op natierlech Aart a Weis mat de Schaffpäerd. Dat ass eng Initiativ vum Fierschter an do wollt ech froen, ob dat och an deem Sënn weider gemaach gëtt?

Bei den Activités écologiques, ech huelen un an Zesummenaarbecht mat der Naturschoul vu Lasauvage, an natierlech mat der Lamadelainer Millen, wollt ech froen, wéi de Werdegang ausgesäit?

D'Aktioun Päiperlek muss een och extrem ënnerstëtzen, awer och d'Restauratioun vun ongeféier 50 Friichtebeem. An deem Kontext hunn ech och erëm eng konkret Fro. Et ass nämlech e Bam um Giele Wee, nieft der Collectrice, deen u sech ëmgefall ass. Et ass dat och e Friichtebam an ech hat do schonn eng Kéier eng Foto erageschéckt – och un den zoustännege Schäffen – an do misst och eng Kéier gekuckt gi fir deen ze ersetzen.

Och an deem Kontext nach eng Kéier d'Fro mat der Rollenger Millen, déi ech virdru scho gestallt hunn, mat der Zesummenaarbecht an och do uewen, vis-à-vis vum Rollenger Fussballsterrain, dass do och nach déi Saache gemaach ginn déi virgesi waren.

Mertzig Romain, Schäffen:

Selbstverständlech sinn d'nächst Joer déi Projete mat de Päerd erëm virgesinn. Et muss een awer kucken, déi Päerd sinn net dat ganzt Joer am Asaz. Do si verschidde Méint a mir hunn dat effektiv scho mam Fierschter beschwat a gesot, datt dat eng ganz flott Saach ass an datt mer an Zukunft och wäerte weider op dee Wee goen. Dat ass awer net iwwerall méiglech. Firwat ginn déi Päerd spezifesch agesat op verschiddene Plazen? Ma well een do net ganz gutt mat de Maschinnen hikënnt. Mä déi Initiativ wäert och weider goen a mir wäerten déi och weider ënnerstëtzen.

Wat d'Rollenger Millen ugeet an déi Projeten, fir do ze schaffen, esou hunn ech d'Fro elo net richteg verstane gehat, respektiv ech hunn elo keng konkret Äntwert fir iech parat. Mä do gëtt u sech, wat d'Rollenger Millen selwer ugeet, zesumme mam Fierschter gekuckt a mat der Naturschoul Projeten ausgeschafft. Dat leeft, awer ech kann iech elo net genee soen, wat do geschitt. Well déi Projete kréie mer ëmmer Uganks oder während dem Joer eran. An da ginn déi Projete mam Fierschter ofgeschwat an dann entsteet do eppes Ganzes, wou mer awer ni laang am Viraus wëssen, wat richteg do geschitt.

Déi Projete mat de Päiperleke ginn och weidergefouert, well dat ganz flott Projete sinn an déi och vun eisen Awunner guttgeheescht ginn.

Beim Giele Wee ass et u sech esou, datt mer net kënnen higoen a maache wat mer wëllen. Do ass u sech d'Gestion de

l'Eau responsabel an do kënne mir net einfach als Gemeng higoen a soen, mir géifen dee Bam ewechhuelen. Well et ass net eisen Terrain. Wéi gesot, d'Gestion de l'Eau an deelweis och Ponts et Chaussées si responsabel an do kënne mer net einfach higoen. Et brauch een och Autorisatiounen an dat leeft dann awer trotzdeem iwwert eise Fierschter, wann déi Autorisatiounen do sinn. Mir brauchen awer den Accord vun der Gestion de l'Eau fir däerfen do ze schaffen.

Bouché-Berens Marie-Louise (DP):

Ech hunn eng Fro zum Plon, well ech bal all Dag do mat mengem Hond trëppele ginn. Dat Joer virdru si se bal mam Bagger bis an d'Waasser eragefuer an ech hunn awer elo virun 2 Woche gesinn, datt se do mam Päerd geschafft hunn. Si hunn alles tipptopp gebotzt. Alles ass ganz propper. Si hunn och mam Päerd Saachen erausgezunn. Déi Saache leien zwar elo nach ëmmer am Wee, op décke Kéip, mä ech huelen u wéinst dem Reen hu se dat nach net ewechgeholl. Mä déi Fro, déi ech mer stellen, ass, do ass jo nach ëmmer e Stéck Wiss an déi gëtt awer elo schonn e puer Joer net méi geméint. Wann d'Weide geschnidde ginn, da bleiwen déi Äscht leien. Ech huelen un, dat ass gewollt well do dat klengt Gedéiesch sech dann dran ophält. Mä firwat gëtt déi Wiss dann och net méi geméint?

Mertzig Romain, Schäffen:

Do misst ech ganz genee wësse wou dat ass. Do kann ech gären eng Kéier op d'Plaz kucke goen. Et kann awer och sinn, datt dat Stéck Wiss Privatterrain ass, an datt se dofir net drop ginn. Ech weess elo net ëm wat fir ee Stéck et sech do handelt, mä ech kann dat awer gäre beim Fierschter nofroen, firwat dass dat esou ass. Mä ech kéint mer awer virstellen, datt dat Privatterrain ass.

Déi aner Saach, effektiv, wann déi Äscht do leie bleiwen, dann ass dat deelweis geziilt gewollt, well dat u sech och e Répit ass fir klengt Gedéiesch, respektiv och indirekt Insektenhoteller duerstellen. Esou datt dat awer scho geziilt esou do leie bleift.

Bouché-Berens Marie-Louise (DP):

Ech si ganz frou, dass dat dëst Joer mat de Päerd geschitt ass, op eng natierlech Aart a Weis, an datt net erëm mat de Baggeren do eragefuer ginn ass.

Accord à l'unanimité.

13.2.

Environnement.

Convention de partenariat avec le «Verkéiersverbond» concernant l'octroi du mPass (Mobilitéitspass) aux agents du secteur communal - décision.

Mertzig Romain, Schäffen:

Als Gemeng hu mer eng 'convention de partenariat' mam Verkéiersbond ënnerschriwwen. Do geet et u sech ëm de Mobilitéitspass, genannt mPass, dee mer eiser Beleegschaft wëllen, respektiv kënnen zur Verfügung stellen. Duerch déi Konventioun kréie mer d'office eng Remise vun 30%. En normale Pass kascht 440 Euro. Do ass et dann esou, datt d'Gemeng 158 Euro bäileet, de Beneficiaire selwer 150 Euro bezilt, an datt dat déi 308 Euro ausmécht wat nach ze bezuelen ass fir esou ee Pass. Eis Beleegschaft ass gefrot ginn, wien interesséiert wier fir esou ee Pass an Usproch ze huelen, fir doduerch och méi op den ëffentlechen Transport zeréckzegräifen. Do sinn 23 Leit vun eiser Beleegschaft, déi di Leeschtung do an Usproch geholl hunn an dofir hu mer och am Budget 2018 virgesi fir Kreditter vun 8.000 Euro dran ze setzen. An ech géif dann och de Gemengerot biede fir dat guttzeheeschen.

Flor Starsky (Piratepartei):

Ech fannen et eng gutt Saach, datt d'Gemeng den mPass emol entdeckt huet. Ech wollt just froen, déi 23 Leit, wéi sinn déi informéiert ginn? Ech fannen, et ass eng gutt Saach an et misst een d'Leit vläicht e bësse méi drop puschen. Well 23 Leit, dat si 5,48 % vun der Beleegschaft, do kéint een awer e bësse méi maachen.

Mertzig Romain, Schäffen:

U sech ass eisen Service des ressources humaines, dee jiddereen eenzel uschreift, ob e wëll Usproch huelen. An do gëtt och kee vergiess. Mir si jo iwwert d'Ressources humaines mat jidderengem connectéiert, respektiv di Leit sinn zougänglech fir eis an déi sinn och alleguerten informéiert ginn. Dat ass iwwer Courrier, respektiv iwwer Email weidergaangen.

Becker Romain (déi gréng):

Mir fannen dat selbstverständlech eng super Saach an et hätt een – wéi den Här Flor et och gemengt huet – scho méi laang missten op dee Wee goen. Wat awer immens wichteg ass, wann der esou eng Konventioun ënnerschreift, do steet dann dran – ech huelen un, datt dat e Virdrock war vum Verkéiersverbond – « en cas de perte, de vol ou de déterrioration, une déclaration afférente émise par la Police ou la Gendarmerie est à joindre à la demande. » Ech mengen, dee Passage « ou la Gendarmerie » hätt ee kéinte sträichen. Mä, wéi gesot, mir ënnerstëtzen dat a mir fannen dat eng super Saach.

Mertzig Romain, Schäffen:

Dat ass awer net onbedéngt falsch. Wa mer kucken, mir hunn nach a verschidde Länner, wou mer effektiv nach eng Gendarmerie hunn. Et ka jo och sinn, datt een en am Ausland geklaut kritt huet oder verluer huet. Da wier dat awer trotzdeem nach richteg. Mä hei fir Lëtzebuerg ass et u sech net méi zoutreffend.

Becker Romain (déi gréng):

Dann hätt der och missten déi aner Policebüroe vun Europa opzielen.

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Ech wollt zur Explikatioun vum Här Flor a vum Här Becker soen, datt d'Gemeng schonn eng Kéier eng Initiativ geholl hat. Do war zesumme mat deenen anere Prosud-Gemengen eng Initiativ geholl ginn an do war den Intressi nach wesentlech méi kleng, esou datt de Prosud domatter opgehalen huet fir dat fir 11 Gemengen ze realiséieren. An dunn hunn déi eenzel Gemengen hir eegen Initiativ geholl, a wou mer elo schonn e bessert Resultat hunn. Dir hutt awer komplett Recht, datt een do nach kann en Effort maachen, mä mir kënnen awer och keen zu sengem Gléck forcéieren. Well wann ee kuckt, wat een do awer gewënnt, esou ass dat awer substantiell. A jiddereen, deen e bësse mam ëffentlechen Transport fiert, kann hei en Avantage dran hunn.

Accord à l'unanimité. M. Arendt, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

13.3.

Environnement.

Décompte concernant la télégestion des pompes et relevages des eaux usées et superficielles - approbation.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Total du devis approuvé: *30.000,00 €*
Total du crédit approuvé: *30.000,00 €*
Total de la dépense: *26.363,11 €*

Approbation à l'unanimité.

14.

Sylviculture.

Approbation des devis et plans de gestion concernant les forêts communales pour l'exercice 2018 – décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Compte tenu des recettes (83.455 euros) et des dépenses (168.740 euros), le plan de gestion prévoit un déficit de 85.285 euros.

Becker Romain (déi gréng):

Mir haten des öfteren dovunner geschwat a mir hunn et eng Kéier praktizéiert, fir dat mam Fierschter op Plaz kucken ze goen an eng «descente sur les lieux» ze maachen, fir datt de Fierschter eis kann op der Plaz erklären, wat do gemaach gëtt, an eis och weisen, wat gemaach ginn ass. Mir hate gutt ugerappt. Eng Kéier hu mer et hi kritt fir op Plaz kucken ze goen. Duerno hu mer ëmmer versprach kritt, datt et gemaach géif ginn an datt der géift mam Fierschter schwätzen an dat géif an d'Rei goen. Mä dofir géif ech iech nach eng Kéier wëlle mat op de Wee ginn, fir den Här Berg nach eng Kéier ze froe fir datt mer alleguerten zesumme kéinte mat kucke goen.

Mertzig Romain, Schäffen:

Et gëtt awer eng konkret Ursaach, firwat dat net zustane komm ass. D'lescht Joer hu mer keng speziell Aarbechte gemaach, well u sech an der Chamber nach eppes net ofgeseent war. Doduerch hu mer keng Subside kritt fir eis Aarbechten. Well dat awer ëmmer relativ héich finanziell zu Buch schléit, huet de Fierschter dann decidéiert fir dat net ze maachen. Dëst Joer hu mer dat awer erëm virgesinn, well dat u sech an der Chamber ofgeseent ginn ass. A fir Iech och ze soen, wou mer d'lescht Joer kucke waren, do wou déi nei Bänk steet beim Hondsterrain, geet et elo déi aner Säit weider Richtung rue du Bois. Esou datt mer dëst Joer erëm wäerten dovunner profitéiere fir e klengen Ausfluch an d'Gréngt ze maachen. Wéi gesot, et hat eng spezifesch Ursaach firwat et d'lescht Joer net stattfonnt huet.

Accord à l'unanimité.

15.1.

Urbanisation.

Décompte concernant le plan de développement urbain – approbation.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Total du devis approuvé: *219.213,73 €*
Total du crédit approuvé: *294.086,89 €*
Total de la dépense: *214.700,69 €*

Approbation à l'unanimité.

15.2.

Urbanisation.

Décompte provisoire concernant la révision du Plan d'Aménagement Général et vote d'un crédit supplémentaire de 225.000 euros – décision.

Total du devis approuvé: *625.000,00 €*
Total du crédit approuvé: *625.325,48 €*
Total de la dépense: *624.457,48 €*
Total de la dépense prévisible: *850.000,00 €*

Mellina Pierre, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt mer eis d'lescht Joer ganz intensiv mat eisem PAG beschäftegt hunn, an dat bis an de September eran, wou mer d'Reklamatiounen all gekuckt hunn. Do hunn 2 Büroen, Effor-Ersa an Zeyen et Baumann, eis während där ganzer Zäit begleet. Mir hunn awer elo, wou mer de 25. September 2017 de PAG definitiv hei ugeholl hunn, gesot, datt mer gäre wëllen de Point maache fir ze gesinn, wou mer an de Finanzen dru wieren. Mir haten nämlech schonn e puermol – well dat leeft jo scho bal iwwer 10 Joer – e Kredit dobäigestëmmt a mir hunn elo gesot, datt mer gären alles pointéiert hätte wat bis haut ass a wat nach vu supplementaren Aarbechten op eis géif duerkommen. Dat sinn 2 Zorte vun Aarbechten. Mir hunn nach, eis Bierger hunn nach an och d'Ministèren hunn nach d'Méiglechkeet fir beim Minister ze reklaméieren. Do sinn anscheinend 10 bis 12 Reklamatioune vu Bierger erakomm, déi mussen engersäits am Ministère beaarbecht ginn. Da wäerte mir natierlech och nach eng Kéier en Avis gefrot kréien als Gemengerot. An dat bedéngt, datt mer nach do de Bureau Zeyen et Baumann, a vläicht och nach de Büro Effor brauchen. An mir mussen nach e weidert Dokument erstellen, dat ass en Dokument, dat heescht 'règlement des bâtisses' a wat komplementar zu der Partie écrite an der Partie graphique vum PAG, a par rapport zum PAP Quartiers existants wäert mussen erstallt ginn. All dat hu mer elo héichgerechent, wat dat eis nach wäert kaschten. Da komme mer op déi stolz Zomm, datt mer 850.000 Euro fir dat Dokument hei – mat all deenen Etüden, déi während all deene Jore gemaach si ginn – mussen opbréngen. A well mer déi lescht Zommen nach net am Budget hunn, misste mer an de Rectifié 2017 – well déi Aarbechte wäerten awer iwwert d'Joresenn bis Ufanks 2018 finaliséiert ginn – nach 225.000 Euro, déi nach net als Kredit do waren, nostëmmen.

Domatter hätte mer normalerweis Uganks 2018 – wa keng gréisser Iwwerraschunge kommen – de PAG endlech no bal 10 Joer Aarbecht 'unter Dach und Fach'.

Accord à l'unanimité. M. Stoffel, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

15.3.

Urbanisation.

Décompte concernant l'aménagement d'un nouveau chemin d'accès menant au cimetière de Lamadelaine - approbation.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

Total du devis approuvé: *300.000,00 €*
Total du crédit approuvé: *289.137,11 €*
Total de la dépense: *249.437,68 €*

Accord à l'unanimité. M. Stoffel, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

15.4.

Urbanisation.

Convention avec Monsieur José Da Silva Ribeiro et Madame Lucilia Machado Botelho concernant la réalisation d'une canalisation des eaux mixtes entre la rue de la Providence et la rue René Putzeys à Lamadelaine - décision.

Explications par M. Pierre Mellina, bourgmestre.

Accord à l'unanimité.

16.

Transports et communications.

Règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation permettant les travaux de construction d'une résidence sise à Pétange, rue d'Athus n° 121 – confirmation.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

A partir du jeudi 12 octobre 2017 et pendant la durée des travaux estimée à 450 jours ouvrables, la circulation des piétons sera interdit le long de la maison n°121, un passage provisoire pour piétons sera aménagé à la hauteur de la maison n°113, la circulation sera réglée au moyen de feux tricolores et le stationnement sera interdit dans l'enceinte du chantier.

Gira Carlo (CSV):

Fir d'éischt emol wëll ech de Schäfferot begléckwënsche fir déi Konsequenz, déi e bei dësem Schantjen hat fir virzegoen. Well mir kënnen eis jo net bidde loossen, datt d'Entrepreneure maache kënne wat se wëllen.

Esou wéi de Schantjen de Moment ass, ass et relativ schwéier fir aus där Strooss erauszefueren. Et ass zwar nëmmen eng Niewestrooss, mä et ass eng Entreprise do an et ass ee Sportsveräin do, mä et ass awer trotzdeem schwéier, fir do erauszefueren. Ech weess awer och net onbedéngt eng Léisung.

Da si mer och um Ufank vun enger Mandatsperiod an et misst ee wierklech vläicht nach méi konsequent an deene Saache sinn. Ech froe mech, wéi et ass et reglementéiert, wann elo aner Schantercher – oder deen heiten – op eemol géifen zousätzlech beliwwert ginn. Si hu schonn eng Sträif, wou se u sech kéinte Camionen erasetzen, mä da setzen se se nach op d'Strooss, respektiv op d'Trottoiren, wann zum Beispill Beton geliwwert gëtt. Wéi ass et do? Brauchen se do keng Autorisatioun méi oder wéi ass dat gereegelt mat der Sécherheet?

Mertzig Romain, Schäffen:

Dach, am Prinzip brauchen se och do eng Autorisatioun. Do ass et awer och esou, datt ganz kloer am Reglement virgesinn ass, datt si eis missten eng gewëssen Zäit virdru Bescheed soen, fir datt een dat kann u sech koordinéieren. A mir als Schäfferot wäerten an Zukunft och weider gewëllt si fir dat vill méi streng unzepassen an och do eis Beamte vun der Gemeng op d'Plaz ze schécken. A wann et net esou ass wéi virgesinn, da kréien se de Schantje gestoppt.

Scheuer Romain (déi gréng):

Ech hunn elo op verschidde Saache schonn eng Äntwert kritt. Mä et ass ugeschwat gi wa se Beton geliwwert kréien. Da stellen se hire Camion an d'rue des Promenades an dann ass déi Strooss zou. Dann hänken se an de Residenzen op där anerer Säit einfach an de Gank e Schëld, datt se deen Dag drop Beton maachen an datt d'Strooss zou ass. Dat heescht, am Fong ass et jo net un der Firma fir dat ze maachen, mä do misst u sech d'Gemeng informéiert ginn an da géif d'Gemeng d'Leit informéieren. An och deen Zebrasträifen, deen do ass, ass esou mickreg. Deen hu si och selwer gemaach. Et ass scho gutt, datt iwwerhaapt een do ass, vun deem Déngen hir. An esou wéi den Här Gira et och scho gesot huet, et ass och gutt, datt mer de Courage hate fir engem ze weisen, datt d'Gemeng nach ëmmer de Chef ass an net den Entrepreneur.

Mertzig Romain, Schäffen:

Et ass genee esou, wéi der gesot hutt. Et ass scho gutt, wann d'Firma de Leit Bescheed seet. Et ass awer och effektiv eng Missioun vun der Gemeng an dofir wäerte mer dat och méi konsequent ugoen, esou datt mer dat kënne koordinéieren a musse koordinéieren. Natierlech, wann déi Saachen net koordinéiert sinn, da kënne mer de Leit och net Bescheed soen. Wéi gesot, mir si gewëllt fir do konsequent virzegoen, a probéieren och doduerch déi Saachen ze ënnerbannen. Natierlech sinn der ëmmer do, déi probéieren. Mä wa mir se gewäerde loossen, da komme mer och op kee gréngen Zweig. Mir hoffen, datt mer mat där konsequenter Virgoensweis dat besser an de Grëff kréien.

Confirmation à l'unanimité. Mme Birtz, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

17.1.

Vie associative.

Attribution d'un subside de 13.316,91 euros à «Gestion Home» asbl - décision.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

D'après une convention signée en 2003, la commune de Pétange contribue aux frais d'énergie et de nettoyage d'après une clé proportionnelle s'alignant sur le pourcentage des réservations faites par les associations locales par rapport aux frais d'énergie et de nettoyage enregistrés. Le montant de 13.316,91 euros résulte du calcul du pourcentage des réservations des associations subsidiées pour l'année 2016 (91,75%) et le montant total des frais d'énergie et de nettoyage enregistrés pour cette année par l'asbl Gestion Home au montant total de 14.513,94 euros.

Accord à l'unanimité. Mme Birtz, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

17.2.

Vie associative.

Statuts de l'association «Ferrari and Friends Luxembourg» asbl et admission sur la liste des associations pouvant prétendre à un subside – décision.

Explications par M. Romain Mertzig, échevin.

Accord à l'unanimité. Mme Birtz, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

18.

Dépenses diverses.

Octroi de cadeaux de service – décision.

Explications par M. Jean-Marie Halsdorf, échevin.

